Eist **Blietchen**



GEMENG TANDEL

Mäerz 2024

www.tandel.lu

Administration communale de Tandel

Bureaux : 6, Haaptstrooss
L-9350 BASTENDORF

Adresse postale :
B.P. 141 · L-9202 DIEKIRCH

80 38 03-1

Nos horaires :

Bureau de la population

Tél. : 803 803 - 232
E-mail : joelle.storn@tandel.lu

Du lundi au vendredi
de 08h30 à 11h30 et
de 13h30 à 16h30

le mercredi ouvert
jusqu'à 18h30

fermé le vendredi après-midi

Service technique

Tél. : 803 803 - 225
E-mail : technique@tandel.lu

Lundi :	de 8h30 à 11h30
Mardi :	de 8h30 à 11h30 et de 13h30 à 16h30
Mercredi :	de 8h30 à 11h30 et de 13h30 à 16h30
Jeudi :	de 8h30 à 11h30 et de 13h30 à 16h30
Vendredi :	de 8h30 à 11h30

Vu les interventions extérieures sur les chantiers, uniquement sur rendez-vous.

Secrétariat

Tél. : 803 803 - 220
E-mail : secretariat@tandel.lu

Lundi :	de 8h30 à 11h30 et de 14h00 à 18h00
Mardi :	de 8h30 à 11h30
Mercredi :	de 8h30 à 11h30
Jeudi :	de 8h30 à 11h30
Vendredi :	de 8h30 à 11h30

Recette

Tél. : 803 803 - 230
E-mail : recette@tandel.lu

Du lundi au vendredi de 8h30 à 11h30 et de 13h30 à 16h30

Sommaire

Léif Awunner 1

OFFIZIELLES AUS DER GEMENG

Séance publique du 13 novembre 2023 2
Ëffentlech Sëtzung vum 13. November 2023 5
Séance publique du 8 janvier 2024 8
Ëffentlech Sëtzung vum 8. Januar 2024 11

AVIS AU PUBLIC

Déclaration pour chiens | *Meldepflicht für Hunde* 14
Éierung | Personnes méritantes 15

Mir hunn eis bestuet 16

WAT ASS LASS AN DER GEMENG?

Vergaangen Aktivitéiten 17
Zukünfteg Aktivitéiten 28

TRADITIOUNEN AUS DER GEMENG

Al Bräicher an eiser Gemeng am Laf vun de Méint 38

KANNERSÄIT

(Moie Kanner) 42

WÉI GUDD KENNS DU DENG GEMENG?

Weekräizer - Wou steet dëst Kräiz? 44

Eng „École du Goût" 45

Presentatioun Centre Movida 47

BETRIBER AUS DER GEMENG STELLE SECH VIR 49

WEIDER INFORMATIOUNEN

„Méi net am Mee" am Naturpark Our 55
Guichet unique PME 57
SuperDrecksKëscht:
Kerzen-Recycling | Recyclage des bougies 58

Offallkalenner fir d'Méint Mäerz-Abrëll-Mee 59

Aktivitéits - a Festkalenner vu Mäerz bis Juni 60

Deng Foto als Titelsäit oder als Récksäit
vun „Eisem Blietchen"? 61

De Redaktiounschluss fir déi nächst Editioun vun "Eisem Blietchen" ass de **26. Abrëll 2024**.

Schéckt eis w.e.g. bis dohinner Är Artikelen eran op info@tandel.lu.

Mise en page et impression :
Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG

Léif Awunner aus der Gemeng,

An dëser neier Nummer vum Infoblat vun der Gemeng Tandel wëlle mir Eech fir d'éischt mol d'Equipe virstellen, déi sech ëm d'Redaktioun an d'Publikatioun vum Blietchen këmmert.

Déi nei Infoskommissioun setzt sech aus dësen designéierte Memberen zesummen:

- Bellion Nico
- Desbordes Yves
- Majerus Roger
- Simon Larissa

Fir d'Gemeng schaffe mat:

- Gils Carole
- Storn Joëlle
- Wampach Jean Claude

D'Kommissioun koum den 12. Dezember 2023 eng éischte Kéier zesummen, fir sech iwwert d'Gestaltung vum neien Infoblat auszetauschen.

Dobäi gouf sech drop geeenegt, datt d'Infoblat an Zukunft soll „Eist Blietchen" heeschen an et soll versicht ginn, all d'Awunner aus der Gemeng unzeschwätzen.

D'Blietchen soll net nëmmen en Informatiounsorgan vum Schäffen- a Gemengerot sënn, mee all Bierger ass opgeruff, sech aktiv un der Publikatioun ze bedeelegen.

Et sënn 4 Ausgaben am Joer geplangt.

Mir freeën eis op eng flott a konstruktiv Zesummenaarbecht.

SÉANCE PUBLIQUE du 13 novembre 2023

(le texte français fait foi)

Présents : tous les membres

1. **Approbation de l'organisation musicale rectifiée 2023/2024**
2. **Autorisations de lotissement**
3. **Création d'un poste de fonctionnaire, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif**
4. **Création d'un poste de fonctionnaire, groupe de traitement A1 ou A2, sous-groupe scientifique et technique**
5. **Octroi d'une concession au cimetière Bettel**
6. **Taxe de participation au financement des équipements collectifs-adaptation**
7. **Approbation de la convention avec l'école du goût**
8. **Approbation du compte administratif et de gestion 2022**
9. **Nomination des membres des commissions consultatives**

1. Approbation de l'organisation musicale rectifiée 2023/2024

Décide unanimement d'approuver l'organisation scolaire UGDA 2023/2024 rectifiée ainsi que son avenant au montant total de 158.590,88 € et s'engage à inscrire ladite somme au budget communal de l'exercice 2024.

La présente est transmise avec ses annexes pour avis au commissaire du Gouvernement à l'enseignement musical qui la soumet au Ministère de l'Intérieur pour approbation.

2. Autorisations de lotissement

Décide unanimement de procéder aux autorisations de lotissement suivantes :

No 91/2023 : Weiler Camille de Landscheid

No 92/2023 : Weiler Camille de Landscheid

3. Création d'un poste de fonctionnaire communal (groupe de traitement B1, sous-groupe administratif) pour les besoins du secrétariat communal

Décide unanimement la création d'un poste de fonctionnaire communal, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, à tâche complète pour les besoins du secrétariat communal

4. Création d'un poste de fonctionnaire communal (groupe de traitement A1 ou A2, sous-groupe scientifique et technique) pour les besoins du service technique

Décide avec toutes les voix la création d'un poste de fonctionnaire communal, groupe de traitement A1 ou A2, sous-groupe scientifique et technique, à tâche complète pour les besoins du service technique.

5. Octroi d'une concession au cimetière Bettel (Gils Carole absente excusée, art 20.LC)

Décide unanimement d'accorder à la famille GILS-MEISCH ci-dessus de Bettel la concession colombaire numéro 3 se trouvant sur le cimetière à Bettel, ceci pour un terme de trente ans à partir de la date de la présente décision. Ladite concession est renouvelable moyennant une déclaration conservatoire à présenter au secrétariat communal de Tandel dans le délai d'un an à partir de son expiration, et elle est inscrite au nom de GILS-MEISCH.

La présente concession est sujette au paiement d'une taxe au montant de 375 € au profit de la caisse communale.

6. Taxe de participation au financement des équipements collectifs-adaptation

Décide unanimement de fixer la taxe de participation au financement des équipements collectifs comme suit :

Article 1er :

En application de l'article 24 alinéa 2 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, il est perçu une taxe de participation au financement des équipements collectifs, à savoir :

a) La création de toute nouvelle unité affectée à l'habitation ou à toute autre destination, notamment à une activité commerciale, industrielle, artisanale, de services, administrative ou récréative, est soumise au paiement d'une taxe dont le montant est fixé à l'article 5.

b) Est à considérer comme nouvelle unité, toute unité nouvellement créée soit par la construction d'un nouvel immeuble soit par la transformation, la réaffectation, l'agrandissement, la reconstruction ou la régularisation d'un immeuble existant.

On entend par unité affectée à l'habitation, le logement principal d'une maison de type unifamilial, le logement intégré d'une maison de type unifamilial, ainsi que le logement de type collectif (appartement, studio). Les unités affectées à l'habitation peuvent se trouver dans une maison de type unifamilial, bi- ou pluri familial ou dans un immeuble à usage mixte.

Article 2 :

La taxe due en vertu de l'article 1er ci-dessus est fixée comme suit :

Article 3 :

La taxe définie à l'article 1er, qui a le caractère d'une imposition communale, est à consigner à la caisse communale par le titulaire du permis de construire avant la délivrance de l'autorisation de construire.

En l'absence d'une autorisation de construire émise en bonne et due forme, pour quelque raison que ce soit, le propriétaire de l'immeuble est redevable de la présente taxe à partir du moment de la création de l'unité visée à l'article 1er précédent.

Article 4 :

La taxe définie à l'article 1er est applicable trois jours après sa publication.

Article 5 :

Les dispositions de la présente décision annulent et remplacent toutes décisions antérieures portant même sujet.

Taxe de participation au financement des équipements collectifs **(par unité affectée à l'habitation)** par m² de surface construite brute (SCB)	74,00 €
Taxe de participation au financement des équipements collectifs **(par unité affectée à toute autre destination)** par m² de surface construite brute (SCB)	11,00 €

La présente est soumise avec ses annexes à l'autorité supérieure aux fins d'approbation.

7. Approbation d'une convention avec l'école du goût à Brandenbourg

Décide avec toutes les voix d'approuver la convention au sujet de la mise à disposition de différents locaux telle que présentée et daté du 5 octobre 2023.

8. Approbation provisoire du compte administratif et de gestion 2022

Décide unanimement d'approuver d'arrêter provisoirement et séparément le compte administratif et de gestion de l'exercice 2022 avec un boni définitif de 6.451.738,71 €

9. Nomination des membres des commissions consultatives

a) commission scolaire de l'enseignement fondamental : désignation du président et des membres

procède unanimement à la désignation de la présidente comme suit :

Gils Carole, bourgmestre,

et procède unanimement à la désignation des membres comme suit :

Bellion Nico, Faber Joëlle, Da Mota Patricia, Keipes Brigitte, Koch Dale, Leonardy Conny et Schumacher Cindy.

Donc est désigné présidente au sein de la commission scolaire de la commune de Tandel la dame Gils Carole, bourgmestre et Bellion Nico, Faber Joëlle, Da Mota Patricia, Keipes Brigitte, Koch Dale, Leonardy Conny et Schumacher Cindy sont désignés membres au sein de la commission scolaire de la commune de Tandel.

Sont désignés au sein de la commission scolaire de la commune de Tandel de Fijter Liesbeth et Milano Nathalie comme représentants des parents.

b) **commission communale du vivre-ensemble interculturel : désignation des membres**

Après en avoir délibéré conformément à la loi, procède unanimement à la désignation des membres comme suit :

Bingen Claude, Clement Cathy,
Da Mota Patricia, Dinis Mourao Paulo,
Eyschen Marie-Paule, Greisen Nadine et
Keipes Brigitte.

c) **Commission facultative communale des bâtisses : désignation des membres**

sont nommés à partir de ce jour :

Berlo Sascha, Goergen Jo-David, Jung Tom,
Lorentz Paul, Mousel Vic, Pletgen Arsène,
Roeder Mathias, Schares Edmond,
Scheuren Carlo et Weis Nico

membres de la commission consultative communale facultative des bâtisses de la commune de Tandel

d) **Commission facultative communale de la circulation et de la voirie communale : désignation des membres**

sont nommés à partir de ce jour :

Berlo Sascha, Bingen Claude, Mousel Vic,
Pletgen Arsène, Roeder Marc, Wagner
Marco et Wilwert Paul

membres de la commission consultative communale facultative de la circulation et de la voirie communale de la commune de Tandel

e) **Commission facultative communale de l'environnement-pacte climat : désignation des membres**

sont nommés à partir de ce jour :

Aust Fernande, Da Mota Patricia,
Ferring Claude, Greisen Nadine,
Huberty Ernest, Lambert Guy,
Lorentz Paul, Pletgen Germain,
Roeder Marc, Staudt Alain et
Zewen André

membres de la commission consultative communale facultative de l'environnement-pacte climat de la commune de Tandel

f) **Commission facultative communale des jeunes : désignation des membres**

sont nommés à partir de ce jour :

Berlo John, Clement Cathy, Heger Henri,
Pletgen Jil, et Wüstner Kristina

membres de la commission consultative communale facultative des jeunes de la commune de Tandel

g) **Commission facultative communale d'information: désignation des membres**

sont nommés à partir de ce jour :

Bellion Nico, Desbordes Yves, Majerus Roger et Simon Larissa

membres de la commission consultative communale facultative d'information de la commune de Tandel

ËFFENTLECH SËTZUNG vum 13. November 2023

Present: all Memberen

1. **Geneemegung vun der Organisation musicale 2023/2024**
2. **Autorisations de lotissement**
3. **Schafe vun engem Fonctionnaire Posten, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif**
4. **Schafe vun engem Fonctionnaire Posten, groupe de traitement A1 oder A2, sous-groupe scientifique et technique**
5. **Verginn vun enger Konzessioun um Bëtteler Kierfecht**
6. **Taxe de participation au financement des équipements collectifs - Adaptatioun**
7. **Geneemegung vun der Konventioun mat der Ecole du Goût**
8. **Geneemegung vum Compte administratif et de gestion 2022**
9. **Designatioun vun de Membere vun de Berodungskommissiounen**

1. Geneemegung vun der Organisation musicale 2023/2024

D'Organisation scolaire rectifié vun der UGDA 2023/2024 souwéi hiren Avenant fir de Gesamtbetrag vun 158.590,88 € gëtt unanime gestëmmt an dës Zomm gëtt am Gemengebudget fir d'Joer 2024 opgeholl.

Dës gëtt mat hiren Annexe fir Avis un de „Commissaire du Gouvernement à l'enseignement musical" geschéckt, deen et dem Ministère de l'Interieur fir den Accord virstellt.

2. Autorisations de lotissement

Follgend Ënnerdeelungsautorisatiounen ginn unanime gestëmmt:

Nr 91/2023: Weiler Camille de Landscheid
Nr 92/2023: Weiler Camille de Landscheid

3. Schafe vun engem Fonctionnaire Posten, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif

D'Schafen vun engem Fonctionnaire Posten, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif mat voller Tâche fir d'Besoine vum Gemengesekretariat (Populatiounsbüro) gëtt unanime gestëmmt.

4. Schafe vun engem Fonctionnaire Posten, groupe de traitement A1 oder A2, sous-groupe scientifique et technique

D'Schafe vun engem Fonctionnaire Posten, groupe de traitement A1 oder A2, sous-groupe scientifique et technique, mat voller Tâche fir d'Besoine vum Service Technique gëtt unanime gestëmmt.

5. Verginn vun enger Konzessioun um Bëtteler Kierfecht (Gils Carole absente excusée, Art 20.LC)

Et gëtt unanime gestëmmt, der Famill GILS-MEISCH vu Bettel d'Concession colombaire Nummer 3 um Kierfecht zu Bettel ze ginn, dëst fir eng Dauer vun drësseg Joer ab dem Datum vun dëser Decisioun. Dës Konzessioun ass erneierbar duerch eng déclaration conservatoire, déi dem Gemengesekretariat Tandel innerhalb vun engem Joer no hirem Oflaf presentéiert muss ginn, a gëtt op den Numm GILS-MEISCH ageschriwwen.

Dës Konzessioun ënnerläit dem Bezuele vun enger Tax vun 375 € un d'Recette communale.

6. Taxe de participation au financement des équipements collectifs-adaptation

D'Upassung vun der „Taxe de participation au financement des équipements collectifs" gëtt unanime folgendermoosse gestëmmt:

« Article 1er :

En application de l'article 24 alinéa 2 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, il est perçu une taxe de participation au financement des équipements collectifs, à savoir :

a) La création de toute nouvelle unité affectée à l'habitation ou à toute autre destination, notamment à une activité commerciale, industrielle, artisanale, de services, administrative ou récréative, est soumise au paiement d'une taxe dont le montant est fixé à l'article 5.

b) Est à considérer comme nouvelle unité, toute unité nouvellement créée soit par la construction d'un nouvel immeuble soit par la transformation, la réaffectation, l'agrandissement, la reconstruction ou la régularisation d'un immeuble existant.

On entend par unité affectée à l'habitation, le logement principal d'une maison de type unifamilial, le logement intégré d'une maison de type unifamilial, ainsi que le logement de type collectif (appartement, studio). Les unités affectées à l'habitation peuvent se trouver dans une maison de type unifamilial, bi- ou pluri familial ou dans un immeuble à usage mixte.

Article 2 :

La taxe due en vertu de l'article 1er ci-dessus est fixée comme suit :

Article 3 :

La taxe définie à l'article 1er, qui a le caractère d'une imposition communale, est à consigner à la caisse communale par le titulaire du permis de construire avant la délivrance de l'autorisation de construire.

En l'absence d'une autorisation de construire émise en bonne et due forme, pour quelque raison que ce soit, le propriétaire de l'immeuble est redevable de la présente taxe à partir du moment de la création de l'unité visée à l'article 1er précédent.

Article 4 :

La taxe définie à l'article 1er est applicable trois jours après sa publication.

Article 5 :

Les dispositions de la présente décision annulent et remplacent toutes décisions antérieures portant même sujet.

Taxe de participation au financement des équipements collectifs **(par unité affectée à l'habitation)** par m² de surface construite brute (SCB)	74,00 €
Taxe de participation au financement des équipements collectifs **(par unité affectée à toute autre destination)** par m² de surface construite brute (SCB)	11,00 €

La présente est soumise avec ses annexes à l'autorité supérieure aux fins d'approbation. »

7. Geneemegung vun der Konventioun mat der Ecole du Goût

Den Accord vun der Konventioun mat der Ecole du Goût iwwer d'Bereetstelle vu verschiddene Raimlechkeeten, virgestallt an datéiert op de 5. Oktober 2023, gëtt unanime gestëmmt

8. Geneemegung vum Compte administratif et de gestion 2022

De Compte administratif et de gestion fir d'Finanzjoer 2022 mat engem definitive Bonus vu 6.451.738,71 € gëtt provisoresch a separat unanime gestëmmt

9. Ernennung vun de Membere vun de Berodungskommissiounen

a) **Schoulkommissioun: Ernennung vum President a Memberen**

Unanime gëtt als Presidentin designéiert:

Gils Carole, Buergermeeschtesch,

follgend weider Membere ginn unanime designéiert:

Bellion Nico, Faber Joëlle, Da Mota Patricia, Keipes Brigitte, Koch Dale, Leonardy Conny a Schumacher Cindy.

D'Madame De Fijter Liesbeth an d'Madame Milano Nathalie ginn an der Schoulkommissioun vun der Gemeng Tandel als Elterevertrieder designéiert.

b) **Kommission vum interkulturellen Zesummeliewen (vivre-ensemble): Ernennung vun de Memberen**

Unanime gi follgend Memberen designéiert:

Bingen Claude, Clement Cathy,
Da Mota Patricia, Dinis Mourao Paulo,
Eyschen Marie-Paule, Greisen Nadine
a Keipes Brigitte.

c) **Fakultativ Bautekommissioun: Ernennung vun de Memberen**

gi vun dësem Dag un als Membere vun der fakultativer, berodender Bautekommissioun vun der Gemeng Tandel genannt:

Berlo Sascha, Goergen Jo-David, Jung Tom,
Lorentz Paul, Mousel Vic, Pletgen Arsène,
Roeder Mathias, Schares Edmond,
Scheuren Carlo a Weis Nico

d) **Fakultativ Verkéierskommissioun: Ernennung vun de Memberen**

gi vun dësem Dag un als Membere vun der fakultativer Verkéierskommissioun vun der Gemeng Tandel genannt:

Berlo Sascha, Bingen Claude, Mousel Vic,
Pletgen Arsène, Roeder Marc,
Wagner Marco a Wilwert Paul

e) **Fakultativ Ëmwelt- a Klimapakt - Kommissioun: Ernennung vun de Memberen**

gi vun dësem Dag un als Membere vun der fakultativer Ëmwelt- a Klimapakt - Kommissioun vun der Gemeng Tandel genannt:

Aust Fernande, Da Mota Patricia,
Ferring Claude, Greisen Nadine,
Huberty Ernest, Lambert Guy, Lorentz Paul,
Pletgen Germain, Roeder Marc, Staudt Alain
an Zewen André

f) **Fakultativ Jugendkommissioun: Ernennung vu Memberen**

gi vun dësem Dag un als Membere vun der fakultativer Jugendkommissioun vun der Gemeng Tandel genannt:

Berlo John, Clement Cathy, Heger Henri,
Pletgen Jil a Wüstner Kristina

g) **Fakultativ Informatiounskommissioun: Ernennung vu Memberen**

gi vun dësem Dag un als Membere vun der fakultativer Informatiounskommissioun vun der Gemeng Tandel genannt:

Bellion Nico, Desbordes Yves, Majerus Roger
a Simon Larissa

SÉANCE PUBLIQUE du 8 janvier 2024

(le texte français fait foi)

Présents : tous les membres

1. **Resonord : approbation budget rectifié 2023 et budget 2024**
2. **Approbation d'un acte notarié**
3. **Voirie rurale 2024 : approbation des devis**
4. **Approbation du règlement des bâtisses**
5. **Apport en capital 2024 : DEA**
6. **Approbation d'un contrat de fourniture de chaleur**
7. **Approbation d'une convention**
8. **Approbation d'un compromis d'échange**
9. **Appel à candidatures pour un poste au service technique**
10. **Subsides ordinaires et extraordinaires aux associations locales 2024**
11. **Approbation de l'aménagement de la forêt communale 2024-2033**
12. **Approbation du devis adapté relatif au centre médical Fouhren**
13. **Budget rectifié 2023 et budget 2024**

1. Approbation du budget rectifié 2023 et budget 2024 : Resonord

Décide unanimement d'approuver le budget rectifié 2023 et le budget initial 2024 du Resonord et de prévoir un crédit de 137.884 € au budget ordinaire 2024.

2. Approbation d'un acte notarié

Décide unanimement d'approuver l'acte notarié avec le Kierchefong au sujet d'une emprise place voirie contenant 30 centiares, numéro cadastral 13/1208 section BA de Landscheid au montant de 102,35 €.

3. Voirie rurale 2024 : approbation des devis

Approuve unanimement les devis en question au montant ttc 400.000 €, au montant de 70.000 €, au montant ttc 94.000 €, au montant ttc 90.000 €, au montant ttc 37.750 € et au montant ttc 16.500 € tel qu'ils sont présentés par l'administration des services techniques de l'agriculture. (projets 102942, 102943, 102944, 102945, 102946 et 102947)

4. Approbation du règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites

Approuve le règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites de la commune de Tandel comprenant 86 pages qui sera publié à partir du 19.02.2024 et entrera en vigueur le 23.02.2024.

5. DEA : apport en capital 2024

Décide unanimement de se prononcer pour la variante 1 ; à savoir un apport direct de 100% de la somme due, soit 80.700 € pour l'exercice 2024.

6. Approbation d'un contrat de fourniture de chaleur

Décide unanimement d'approuver le contrat de fourniture de chaleur concernant l'immeuble « Ecole du Goût » à Brandenbourg avec le « Parc Naturel de l'Our » tel que présenté sous les réserves et conditions y stipulées.

7. Approbation d'une convention

Décide avec toutes les voix d'approuver la convention avec la société Chalets Petry Spa &

Relax s.a. ayant son siège à Bettel et concernant la construction et l'exploitation d'un bassin de rétention souterrain à Bettel.

8. Approbation d'un compromis d'échange

Décide unanimement d'approuver le compromis d'échange du 18 décembre 2023 entre le collège échevinal et les époux Schares-Leonardy de Bastendorf au sujet de 2 parcelles, section BD de Bastendorf à savoir : 1113/4274 et 1116/4276 ;

9. Appel à candidatures pour un poste au service technique

Décide unanimement de lancer un appel à candidatures pour un poste au service technique comme ingénieur-technicien (m/f) ou ingénieur diplômé (m/f), groupe de traitement A1 ou A2, sous-groupe scientifique et technique, selon le niveau de diplôme du candidat et suivant les conditions fixées dans un aide-mémoire.

10. Subsides aux associations locales pour 2024

Baastenduerfer Musik	5.000 €	3/839/648110/99001 P
Baastenduerfer Musik - participation UGDA	1.866,72 €	3/839/648110/99001 P
Chorale Bastendorf	750 €	3/839/648110/99001 P
Chorale Brandenbourg	750 €	3/839/648110/99001 P
Chorale Sängerbond Fouhren	750 €	3/839/648110/99001 P
Scouten Mère Thérèse	250 €	3/839/648110/99001 P
Jeunesse Bastendorf	500 €	3/259/648110/99001 P
Jeunesse Fouhren	500 €	3/259/648110/99001 P
Landjugend Fouhren	500 €	3/259/648110/99001 P
Chorale Helvetia	8.000 €	3/839/648110/99001 P
Amicale Pompjeeën Tandel	1.000 €	3/320/648110/99001 P
Damp an der Këscht asbl	250 €	3/839/648110/99001 P
Turnveräin Just for Fun	500 €	3/825/648110/99001 P
Football-Club FC 47 Bastendorf	2.500 €	3/825/648110/99001 P
Supporterclub FC 47 Bastendorf	250 €	3/825/648110/99001 P
Syndicat d'Initiative Bastendorf	650 €	3/430/648110/99001 P
Syndicat d'Initiative Bastendorf - frais de surveillance château Brandenbourg	7.000 €	3/430/648110/99001 P
Syndicat d'Initiative Fouhren	650 €	3/430/648110/99001 P
Association des Parents d'Elèves EPP	500 €	3/910/648110/99001 E
Bleesdaller Dunnekëscht asbl	250 €	3/839/648110/99001 P

Conditions à remplir pour bénéficier d'un subside communal :

- Tous les élus locaux devront être invité(e)s à l'assemblée générale annuelle lors de laquelle il y a lieu de présenter un rapport d'activité ainsi que les documents comptables annuels comprenant au minimum un état des recettes et des dépenses.
- A défaut d'une assemblée générale annuelle il y a lieu de présenter annuellement un rapport d'activité et un état des recettes et des dépenses.

- Tout changement éventuel au sein du conseil d'administration est à notifier au collège échevinal.

Le collège échevinal est chargé de l'exécution de la présente décision du conseil communal.

10a. Appui financier extraordinaire pour le FC47 Baastenduerf

Décide d'allouer à ladite association locale sportive FC47 Baastenduerf pour l'année 2024 un appui financier au montant de 19.808,96 € en guise de financement des frais de formation en rapport avec la jeunesse de ladite association.

10b. Appui financier extraordinaire au profit de l'asbl « An Elo ? »

Décide d'allouer à ladite asbl « An Elo ? » pour l'organisation du Nikloosmaart 2023 un appui financier extraordinaire au montant de 1850 € en guise de financement des frais de location de chalets en bois, sonorisations etc.

11. Aménagement de la forêt communale de Tandel 2024-2033

Après avoir délibéré conformément à la loi du 23 août 2023 sur les forêts, ainsi qu'au règlement grand-ducal du 25 septembre 2023 déterminant les principes et les procédures d'élaboration et d'approbation des documents d'aménagement des forêts publiques, décide à l'unanimité des voix des membres présents, d'approuver le document concernant l'aménagement forestier de la forêt communale de Tandel pour les années 2024-2033.

12. Approbation du devis adapté relatif au centre médical à Fouhren

Point reporté unanimement à l'ordre du jour de la prochaine réunion

13. Budget rectifié 2023 et budget initial 2024

Approuve unanimement le budget rectifié 2023 et le budget 2024 suivant le tableau annexé

TABLEAU RÉCAPITULATIF
DU BUDGET DE L'EXERCICE 2024

	Montants votés par le Conseil communal		Montants fixés par le Ministre	
	Service ordinaire	Service extraordinaire	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	11 960 520,47	11 058 025,00		
Total des dépenses	10 838 529,81	12 838 994,43		
Boni propre à l'exercice	1 121 990,66			
Mali propre à l'exercice		1 780 969,43		
Boni présumé fin 2023	801 490,58			
Mali présumé fin 2023				
Boni général	1 923 481,24			
Mali général		1 780 969,43		
TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire	– 1 780 969,43	+ 1 780 969,43		
Boni définitif	142 511,81			
Mali définitif				

ËFFENTLECH SËTZUNG vum 8. Januar 2024

Present: all Memberen

1. **Resonord: Accord vum Budget rectifié 2023 a Budget 2024**
2. **Geneemegung vun engem Acte notarié**
3. **Voirie rurale 2024: Geneemegung vun den Devis'en**
4. **Geneemegung vum Bautereglement**
5. **Apport en capital 2024: DEA**
6. **Geneemegung vun engem Contrat de fourniture de chaleur**
7. **Geneemegung vun enger Konventioun**
8. **Geneemegung vun engem Compromis d'échange**
9. **Appel à candidatures fir e Posten am Service technique**
10. **Ordinaire an extraordinaire Subside fir lokal Veräiner 2024**
11. **Geneemegung vum Aménagement de la forêt communale 2024-2033**
12. **Geneemegung vum ugepasster Devis betreffend de Centre médical vu Furen**
13. **Budget rectifié 2023 a Budget initial 2024**

1. Resonord: Accord vum Budget rectifié 2023 a Budget 2024

De Budget rectifié 2023 an den initiale Budget 2024 vum Resonord ginn unanime gestëmmt an am ordinäre Budget 2024 gëtt e Montant vun 137.884 € virgesinn.

2. Geneemegung vun engem Acte notarié

En Acte notarié mam Kierchefong betreffend eng emprise place voirie vun 30 Centiares, Kadasternummer 13/1208 Sektioun BA Landscheid zu engem montant vun 102,35 € gëtt unanime gestëmmt.

3. Voirie rurale 2024: Geneemegung vun den Devis'en

Déi betreffend Devisë vun der Administration des services techniques de l'agriculture zu Montanten vun TTC 400.000 €, 70.000 €, 94.000 €, 90.000 €, 37.750 € an 16.500 € (Projet'en 102942, 102943, 102944, 102945, 102946 an 102947) ginn unanime gestëmmt.

4. Geneemegung vum Bautereglement (règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites)

D'Reglement iwwert d'Gebaier, ëffentlech Stroossen a Siten an der Gemeng Tandel mat 86 Säiten, dat den 19.02.2024 publizéiert gëtt an den 23.02.2024 a Kraaft trëtt, gëtt unanime gestëmmt.

5. Apport en capital 2024: DEA

D'Variant 1 gëtt unanime gestëmmt; nämlech en direkten Apport vun 100% vum fällege Betrag, also 80.700 € fir d'Finanzjoer 2024.

6. Geneemegung vun engem Contrat de fourniture de chaleur

E Contrat de fourniture de chaleur betreffend d'Gebai Ecole du Goût zu Branebuerg mam „Naturpark Our" gëtt unanime gestëmmt.

7. Geneemegung vun enger Konventioun

Eng Konventioun mat der Societéit Chalets Petry Spa & Relax s.a, déi zu Bettel hire Sëtz huet a déi de Bau an de Fonctionnement vun engem

ënnerierdesche Retentiounsbaseng zu Bettel betrëfft, gëtt unanime gestëmmt.

8. Geneemegung vun engem Compromis d'échange

E Compromis d'échange vum 18. Dezember 2023 tëscht dem Schäfferot an der Famill Schares-Leonardy vu Baastenduerf iwwer 2 Terrainen, Sektioun BD Baastenduerf: 1113/4274 an 1116/4276 gëtt unanime gestëmmt;

9. Appel à candidatures fir e Posten am Service technique

Et gëtt unanime gestëmmt, en Appel à candidatures ze lancéiere fir e Posten am Service technique, als Ingenieur-Technicien (m/w) oder Ingenieur diplomé (m/w), groupe de traitement A1 oder A2, sous-groupe scientifique et technique, jee no Niveau vum Diplom vum Kandidat an no de Konditiounen, déi an engem Aide-mémoire festgeluecht sinn.

10. Ordinaire an extraordinaire Subside fir lokal Veräiner 2024

Baastenduerfer Musik (4136)	5.000 €	3/839/648110/99001 P
Baastenduerfer Musik - participation UGDA	1.866,72 €	3/839/648110/99001 P
Chorale Bastendorf (13838)	750 €	3/839/648110/99001 P
Chorale Brandenbourg (13839)	750 €	3/839/648110/99001 P
Chorale Sängerbond Fouhren (2874)	750 €	3/839/648110/99001 P
Scouten Mère Thérèse (13840)	250 €	3/839/648110/99001 P
Jeunesse Bastendorf (15417)	500 €	3/259/648110/99001 P
Jeunesse Fouhren (15418)	500 €	3/259/648110/99001 P
Landjugend Fouhren (2575)	500 €	3/259/648110/99001 P
Chorale Helvetia (15787)	8.000 €	3/839/648110/99001 P
Amicale Pompjeeën Tandel (16223)	1.000 €	3/320/648110/99001 P
Damp an der Këscht asbl (18311)	250 €	3/839/648110/99001 P
Turnveräin Just for Fun (2641)	500 €	3/825/648110/99001 P
Football-Club FC 47 Bastendorf (3518)	2.500 €	3/825/648110/99001 P
Supporterclub FC 47 Bastendorf (13841)	250 €	3/825/648110/99001 P
Syndicat d'Initiative Bastendorf (13843)	650 €	3/430/648110/99001 P
idem (13843) : frais de surveillance château Brandenbourg	7.000 €	3/430/648110/99001 P
Syndicat d'Initiative Fouhren (2473)	650 €	3/430/648110/99001 P
Association des Parents d'Elèves EPP (2875)	500 €	3/910/648110/99001 E
Bleesdaller Dunnekëscht asbl (16572)	250 €	3/839/648110/99001 P

Konditiounen, déi mussen erfëllt ginn, fir vun engem Subside ze profitéieren:

- All gewielte Member vum Gemengerot muss op dijärlech Generalversammlung invitéiert ginn, wärend där en Aktivitéits- an e Keesebericht muss presentéiert ginn, souwéi eng Erklärung iwwer Recetten an Ausgaben.
- Falls keng järlech Generalversammlung stattfënnt, muss dem Gemengerot en Aktivitéitsbericht an eng Erklärung vun de Recetten an Ausgabe presentéiert ginn.
- All méiglech Ännerung am Comité muss dem Schäfferot matgedeelt ginn.

De Schäfferot ass verantwortlech fir dës Decisioun vum Gemengerot ëmzesetzen.

10a. Ausseruerdentlech finanziell Ënnerstëtzung fir den FC47 Baastenduerf

Et gëtt unanime gestëmmt, dem FC47 Baastenduerf fir d'Joer 2024 eng finanziell Ënnerstëtzung vun 19.808,96 € ze accordéiere fir d'Formatiounskäschte fir d'Jugend vum Veräin ze finanzéieren.

10b. Aussergewéinlech finanziell Ënnerstëtzung zum Benefice vun der Asbl „An Elo?"

Et gëtt unanime gestëmmt, der Asbl „An Elo?" fir d'Organisatioun vum Niklosmaart 2023 eng ausseruerdentlech finanziell Ënnerstëtzung vun 1.850 € ze accordéiere fir d'Locatiounskäschte vun Holzchaleten, Soundanlagen asw.

11. Geneemegung vum Aménagement de la forêt communale 2024-2033

Nom Gesetz vum 23. August 2023 iwwert de Bëscher, souwéi dem Règlement grand-ducal vum 25. September 2023 iwwer d'Prinzippien a Prozedure fir d'Entwécklung an d'Approbatioun vun den Dokumenter iwwert den Aménagement des forêts publiques festzeleeën, gëtt d'Dokument iwwert den Aménagement de la forêt communale 2024-2033 unanime gestëmmt.

12. Geneemegung vum ugepassten Devis betreffend de Centre médical vu Furen

Dëse Punkt gëtt eestëmmeg op den Ordre du jour vun der nächster Seance verréckelt.

13. Budget rectifié 2023 a Budget initial 2024

De Budget rectifié 2023 an de Budget initial 2024 ginn laut der Tabell an der Annexe unanime gestëmmt.

TABLEAU RÉCAPITULATIF DU BUDGET DE L'EXERCICE 2024

	Montants votés par le Conseil communal		Montants fixés par le Ministre	
	Service ordinaire	Service extraordinaire	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	11 960 520,47	11 058 025,00		
Total des dépenses	10 838 529,81	12 838 994,43		
Boni propre à l'exercice	1 121 990,66			
Mali propre à l'exercice		1 780 969,43		
Boni présumé fin 2023	801 490,58			
Mali présumé fin 2023				
Boni général	1 923 481,24			
Mali général		1 780 969,43		
TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire	– 1 780 969,43	+ 1 780 969,43		
Boni définitif	142 511,81			
Mali définitif				

>>> AVIS AU PUBLIC

Aus Rücksicht a Respekt virun Äre Matmënschen! Raaft w.e.g. Ärem Hond säin Dreck op, wann Dir ënnerwee sidd! D'Gemeng Tandel erënnert och drun, dat jidderee verpflicht ass, säin Hond op der Gemeng unzemelden. Dir kënnt de Formulaire hei ënnendrënner benotzen. Merci!

Déclaration pour chiens | *Meldepflicht für Hunde*

À remplir obligatoirement par le détenteur de chien(s) / *muss vom Hundehalter ausgefüllt werden*

Le/La soussigné(e) / *Der/Die Unterzeichnete(r)*	Domicilié(e) à / *Wohnhaft in*	N° téléphone / *Telefonnummer*

Déclare par la présente / ***Erklärt hiermit*** ☐ **Être en possession d'un ou de plusieurs chiens** / ***einen oder mehrere Hunde zu besitzen***

1er chien / *Hund 1*

Nom / *Name*	Race / *Rasse*	☐ M ☐ F / *W*

Date de naissance *Geburtsdatum*	Chip ID numéro *Chip ID-Nummer*	Vaccination antirabique valable jusqu'au *Tollwutimpfung gültig bis*

2e chien / *Hund 2*

Nom / *Name*	Race / *Rasse*	☐ M ☐ F / *W*

Date de naissance *Geburtsdatum*	Chip ID numéro *Chip ID-Nummer*	Vaccination antirabique valable jusqu'au *Tollwutimpfung gültig bis*

3e chien / *Hund 3*

Nom / *Name*	Race / *Rasse*	☐ M ☐ F / *W*

Date de naissance *Geburtsdatum*	Chip ID numéro *Chip ID-Nummer*	Vaccination antirabique valable jusqu'au *Tollwutimpfung gültig bis*

☐ **Être en possession d'un contrat d'assurance en cours de validité pour les dommages causés aux tiers. / *eine gültige Haftpflichtversicherung abgeschlossen zu haben für Schäden, die Dritten durch den Hund zugefügt werden.***

Date / *Datum*

Signature / *Unterschrift*

La présente déclaration est à remettre à l'administration communale et servira à l'établissement du rôle « taxe chiens ». Le montant de la taxe annuelle s'élève à 20 € par chien. /
Der Vordruck ist bei der Gemeindeverwaltung abzugeben. Aufgrund ihrer Erklärung wird eine jährliche Hundesteuer von der Gemeinde in Rechnung gestellt. Der Betrag de Steuer beläuft sich auf 20 € pro Hund.

Le présent formulaire est à envoyer ou à déposer à l'adresse suivante :

Das vorliegende Formulare muss an folgender Adresse eingereicht werden :

Administration communale de Tandel

6, Haaptstrooss
L-9350 Bastendorf

Ou par mail
Oder per mail

joelle.storn@tandel.lu

>>> AVIS AU PUBLIC

Éierung

Mir éieren déi Leit déi eppes Besonnesches geleescht hunn

Kandidaturenopruff

Mir éieren déi Leit aus der Gemeng Tandel, déi 2023 eng besonnesch Leeschtung vollbruecht hunn, sief dat am Veräinsliewen, am Sport, am Bénévolat oder soss engem Beräich.

Wann Dir Leit kennt déi heifir a Fro kéimen, da schreift eis dat a sot firwat grad si eng Éierung verdéngt hunn. Schéckt eis et per mail op info@tandel.lu oder gitt et beim Joëlle Storn op der Gemeng of bis de 15. Abrëll 2024.

Wärend de Festivitéite vun Nationalfeierdag, den 21. Juni 2024 ginn déi Leit geéiert.

Personnes méritantes

Hommage aux personnes qui ont fourni une performance extraordinaire

Appel à candidatures

Nous mettons à l'honneur les personnes de la commune de Tandel, ayant accompli, en 2023 une performance extraordinaire dans le domaine de la vie associative, du sport, du bénévolat et autres.

Si vous connaissez des personnes qui méritent d'être honorées, nous vous prions de bien vouloir nous le signaler tout en nous faisant parvenir quelques mots de justification. Vous pouvez envoyer votre avis par mail : info@tandel.lu ou remettre la candidature auprès de Joëlle Storn à la commune jusqu'au 15 avril 2024.

Pendant les festivités de la fête nationale, le 21 juin 2024 ces gens seront honorés.

Mir hunn eis bestuet

1.4.2023
Franky MOLITOR & Nathalie GLODT

29.4.2023
Bob KAES & Kelly PETERS

23.10.2023
Jo GOERGEN & Anne GEORGES

21.7.2023
Ken ESPEN & Shannon WERSANT

27.12.2023
Alek HAJDARPASIC & Adela CEMAN

Dag vum Bam an der Gemeng Tandel

16.11. 2023

Zanter 1992 offréiert de Veräin *An Elo asbl* all neigebuerenem Kand an der Gemeng en Uebstbam. Esou sinn bis haut méi wéi 400 Beem an deem Kontext geplanzt ginn. Och 2023 goufen all d'Familljen ugeschriwwen wou e Kand op d'Welt koum. 12 Familljen haten sech gemeld an de 16. November goufen di Beem bei de Leit doheem an de Buedem gesat. D'Elteren kënnen wielen, watfir eng Zort Bam (Äppel, Biren, Kiischten, ...) si wëllen, an da kommen d'Membere vum *An Elo* domat bäi si heem. Huet ee privat keen Terrain fir dëse Bam, gëtt an Zesummenaarbecht mam Fierschter eng Plaz op Gemengenterrain gesicht.

Duerch d'Protection des Données gëtt et leider all Joer méi schwéier all di betraffe Familljen ze erreechen. Duerfir en Appell un di neigebaken Elteren sech bei engem Member vum *An Elo* ze mellen, wann si e Bam geplanzt wëlle kréien.

Journée de l'Arbre dans la commune de Tandel

Depuis 1992 l'association *An Elo asbl* offre un fruitier aux nouveau-nés de la commune. Ainsi plus de 400 arbres ont été déjà plantés sur le terrain de la commune. En 2023, 12 familles se sont intéressées à l'action et le 16 novembre 2023 les membres de l'association *An Elo* ont planté les arbres sur les terrains des demandeurs. Au cas où les familles ne disposent pas de terrains privés adéquats, l'association cherche en accord avec le service forestier un endroit communal approprié pour la plantation.

A cause des règles de plus en plus strictes concernant la protection des données, l'association *An Elo* ne sait plus rejoindre tous les nouveau-nés. Voilà pourquoi tous les nouveaux parents intéressés sont cordialement invités à s'adresser à un membre de l'*An Elo* tout au long de l'année 2024.

„Damp an der Këscht“ spillt „Al Dente“

Wéi all Joër am Hierscht huet den Theaterveräin „Damp an der Këscht“ nees zu Branebuerg am Sall Theater gespillt.

Gespillt gouf Enn November 2023 d’Stéck „Al Dente“, e lëschtegen 3-Akter.

An der Zänndoktesch - Praxis vum Dr. Wenzel koum et no e puer Verwiesslungen a vill Hin- an Hier, sou wéi sech dat gehéiert, schlussendlech dunn awer nach zu engem Happy-End.

Enn Mäerz spillen mir nees Krimi-Dinner zu Veianen am Hotel Victor Hugo, hei sen all Owender schonn ausverkaf.

Den 28. Abrëll géifen mir eis freeën, Eech op eisem 1. Fréijoërsmaart zu Furen begréissen ze kënnen.

Hei ginn et Stänn mat verschiddenen selwergemaachten Saachen a regionalen Produkter.

Fir méi Informatiounen oder wann Dir selwer interesséiert sidd, e Stand ze maachen, da kënnt Dir dat maachen iwwer folgend Mailadress: maart@dampanderkescht.lu

Éischt Hëllef Cours

28.11.
29.11.
2023

An Zesummenaarbecht mam CGDIS huet de gréissten Deel vum Personal vun der Gemeng un engem Éischt Hëllef Cours, den 28. an 29. November 2023 zu Baastenduerf am Festsall, deelgeholl.

Eist Personal ass elo gutt ausgebilt fir am Eeschtfall ze hëllefe wann et drëms geet enger Persoun d'Liewen ze retten.

Ovatioun vum neie Gemengerot

01.12.
2023

No enger aler Traditioun an op Initiativ vum Syndicat d'initiative Fouhren a vum AnElo kréien déi nei gewielte Membere vum Gemengerot e Bam gesat.

Well déi 3 Réit, déi schonn an der vergaangener Walperiod derbäi waren, nach kee Bam gesat kruten, gëtt dat lo nogeholl, sou dat all Member vum Gemengerot e Bam gesat kritt.

Doropshin hunn d'Membere vum Gemengerot den 1. Dezember 2023 op hir Ovatioun zu Baastenduerf agelueden.

Heibäi goufen si ënnerstëtzt vun enger Partie Veräiner aus der Gemeng.

Beim offiziellen Deel kruten d'Gemengeréit symbolesch hir Beem sou wéi e Bouquet Blummen iwwerreecht.

Bei engem gudde Maufel, engem Patt a gudder Stëmmung gouf mat den Awunner aus der Gemeng an enger Rei aneren Invitéë gefeiert.

D'Setze vun de Beem huet wiederbedéngt missten op d'Fréijoer verluecht ginn.

D'Membere vum Gemengerot soen all de Veräiner, dem Personal vun der Gemeng an och soss jidderengem, deen zum Geléngen vun dësem flotten Owend bäigedroen huet, villmools Merci.

De Kleeschen ass an d'Schoul komm

01.12. 2023

Wéi all Joer huet de Kleeschen och dëst Joer rëm de Wee op Tandel an d'Schoul fonnt. Freides moies, den 1. Dezember 2023 ass hie mat sengem Gesell, dem Houseker ukomm.

Hie war frou ze gesinn, wat d'Kanner am Precoce an am Cycle 1 fir hie virbereet haten an hien huet festgestallt, datt et vill brav Kanner an der Schoul zu Tandel ginn. Fir dëst ze belounen huet hien all de Kanner aus der Schoul eng Titche matbruecht. An den Houseker konnt seng Rutte rëm mathuelen.

Well dem Kleeschen seng Engelcher ëmmer vill ze dinn hunn, huet hien dëst Joer bëssen Hëllef an der Ecole du goût zu Branebuerg gefrot fir hinne beim fëlle vun den Titercher ze hëllefen.

D'Kanner kruten eng flott Titche mat verschiddene lokalen a regionale Produiten, déi vu lokale Produzenten hiergestallt ginn.

De Kleeschen huet de Kanner versprach d'nächst Joer rëm ze kommen, wann si sou brav bleiwen a lauschtere wat d'Léierpersonal hinne seet.

16.12.
2023

Wanterconcert vun der Baastenduerfer Musik

Wéi all Joer hat Baastenduerfer Musik de 16. Dezember op hiren traditionelle Wanterconcert an d'Baastenduerfer Kiirch invitéiert. De Concert stung ënnert der Leedung vum Maxim Volgin. Den Ufank vum musikaleschen Owend huet de Jugendensembel vun de Gemenge Bettenduerf, Reisduerf an Tandel mat zwee Chrëstlidder gemaach. Duerno war et dunn un der Baastenduerfer Musik. Um Programm stungen bekannte Wierker wéi Pearl Harbour, The Way Old Friends Do, The Sound Of Silence, Fairytale of New York, Rocky Highlights, The Four Seasons, The Mandalorian, A Winter's Night an den Hallelujah vum Leonard Cohen mat der Solistin Lynn Gloden. An der Halschent vum Concert huet de President Leon Miller am Numm vun alle Musikanten en Don vun 1000 Euro un d'Stëmm vun der Strooss Ettelbréck iwwerreecht.

Am Uschloss un de Concert war fir Iessen a Gedrénks am Gemengesall zu Baastenduerf bestens gesuergt.

17.12.
2023

Chrëschtfeier 60+

De 17. Dezember 2023 hat d'Gemeng hir Chrëschtfeier organiséiert fir alleguer d'Leit iwwert 60 Joer. Der Invitatioun sinn 110 Leit nokomm an hunn e gemittleche Mëtteg zesumme mam Gemengerot am Musiksall zu Baastenduerf verbruecht.

Lassgaangen ass et um 11h30 mat engem Apero. Duerno kruten d'Leit e Menu vum Marc Faust a senger Ekipp aus der Maison Relais gekacht. Um Menu stoung eng Kürbiszopp, duerno Magret de canard mat Geméis a Polenta an zum Schluss nach eppes Séisses, ee Stéck Bûche a Schockelasmousse.

De Service gouf vum Gemengepersonal garantéiert.

Fir Animatioun war och gesuergt: Vun 14h00 un huet „de Klimperhari“ Chrëschtlidder a lëtzebuergesch Lidder gespillt, wou verschidde Leit och profitéiert hu fir den een oder aneren Tour ze danzen oder matzesangen.

De Gemengerot huet awer och d'Geleeënheet genotzt an d'Jubilaren aus der Gemeng geéiert. Si kruten, als Kaddo, eng Corbeille iwwerreecht. Déi Jubilaren, déi net un der Feier konnten deelhuelen, kruten hir Corbeille Méindes heem geliwwert.

Ënnert de Jubilare ware fir 80 Joer:

- Mme Barfred Jytte vu Bettel
- Mme Jacobsen-Becker Gerda vu Bettel
- Mme Dedisch-Bock Mathilde vu Baastenduerf
- Här Ferreira Ribeirete Joao vu Baastenduerf
- Mme Thommes-Künsch Robertine vu Baastenduerf
- Mme Hermes-Meder Mathilde vu Bettel
- Mme Dichter-Stempel Catherine vu Bettel
- Mme Gieres-Weis Anne-Marie aus der Seltz

A fir 90 Joer:

- Här Hansen Joseph vu Bettel

Mir hoffen, datt et de Leit gefall huet an datt mir si (an déi aner déi net do waren) rëm op der Chrëschtfeier 2024 begréisse kennen.

Rückblick und Ausblick

SÄNGERBOND HELVETIA TANDEL

Fotos: © Bourkel

Misa Tango im CUBE521

Nach unserer äußerst erfolgreichen aber für die Sängerinnen und Sänger auch anstrengenden Aufführung der „Misa Tango“ im CUBE521 und einigen kleinen aber interessanten Popkonzerten unter der Leitung von Thomas RAOULT wollten wir es nach der Sommerpause mit unserer neuen Dirigentin Serine KHACHTRYAN etwas gelassener und volkstümlicher angehen.

„Quizowend mat an iwert letzebuerger Lidder“, ja, es gab auch bei uns im Verein Zweifel ob das überhaupt jemanden interessieren könnte.

Kurz gesagt: Wir wurden überrascht von der einhelligen Zustimmung unseres Publikums beim „Quizowend“. Auch die Idee, den Kulturabend als „green event“, also unter strengen Umweltauflagen durchzuführen, wurde von allen Seiten honoriert.

„HOPE FOR PEACE“, unser geistliches Konzert am Dreikönigstag in Brandenburg konnten wir wie vor Coronazeiten vor vollbesetzter Kirche präsentieren. Mit Roger RECHT an der Orgel und Lili RECHT, Querflöte sowie Charel ROSSELET, der den Chor auf dem Cello begleitete präsentierten wir ein abwechslungsreiches Programm mit Musik zum Thema Frieden aus drei Jahrhunderten.

Nein, die große Welt können wir mit einem Konzert nicht wirklich verändern. Aber zufriedene Besucher bedankten sich ausgiebig für diesen schönen Abend.

Dirigentenwechsel: Von Thomas Raoult zu Serine Khachatryan. Unsere Proben sind jeweils freitags 19:30 Uhr im Musiksaal in Bastendorf.

Einfach kommen und mitsingen. Singen macht Spaß, singen macht Mut, singen tut gut. Wir lachen viel und gerne ...

Unser nächster Auftritt ist in Vorbereitung:

„CHORALES 4 YOU“ am 21. April um 17.00 Uhr auf Schloss Vianden, ein Frühlingsblumenstrauß mit Melodien aus Klassik, Belcanto, Pop und Jazz zusammen mit den Chören aus Walferdingen, Bourscheid, Vianden und dem Sängerbond HELVETIA.

Paul Jungels

Fréijoersausstellung

am Atelier Viola

Samstes 16. März

9.00-18.00 Auer

Atelier Viola | 1, am Wisegronn - L-9457 Landscheid | Tel: 691 67 55 42

Butler heeschen alleguerten James

E lëschtegen Dräiakter vum Bernd Kietzke

Op Lëtzebuergesch iwwersat vum Judith Risch

Theater
zu Branebuerg am Festsall

Reservéiert Är Plazen

Tel.: 691 613 193

no 17.00 Auer oder per SMS / Whatsapp

Nordliicht

Entrée: 10,00 €

5,00 €

(Kanner ënner 12 Joer)

Freides, den 8. Mäerz um 20.00 Auer

Samsdes, den 9. Mäerz um 20.00 Auer

Samsdes, den 16. Mäerz um 20.00 Auer

Sonndes, den 17. Mäerz um 15.00 Auer

Org.: Bleesdaller Dunnekëscht

APEEPP TANDEL

Ween si mir?

D'APEEPP Tandel ass eng ASBL vu fräiwëllegen Elteren vun de Schoulkanner aus der Tandeler Grondschoul.

Wat ass eist Ziel?

De Kanner schéi Momenter an Erënnerungen un hir Schoulzäit ze schenken.

Wat maache mir?

Mir organiséieren an ënnerstëtzen finanziell verschidden Aktivitéiten wärend dem Schouljoer, wéi zum Beispill:

- Kaffi a Kuch den 1. Schouldag
- Zaubernuecht (bei där mir d'Léierpersonal ënnerstëtzen)
- Rallye
- Schoulfest
- Projet Bicherkabinn (finanzéiert vun der Gemeng)
- Lafen fir ee gudden Zweck, wou mir Kanner finanziell ënnerstëtzen
- Béckseschéissen um Wantermaart zu Baastenduerf

Wéi kann een eis ennerstëtzen?

Member ginn fir bei eis aktiv matzeschaffen (umellen iwwert dës E-Mail Adress: apeepp.tandel@gmail.com) oder eng Cotisatioun bezuelen mat dësem QR Code:

Payez mobile avec payconiq

All Hëllef ass wëllkomm a mir soen Eech lo schonn MERCI!

Wat steet als nächst un?

Ee flotten Liesnomëtteg mat Bastelaktivitéiten fir d'Grondschoulkanner:

D'Elterevereenegung APEEPP TANDEL invitéiert op ee flotten

Liesmomëtteg

mat uschléissenden **Bastelaktivitéiten** fir d'Kanner aus der Tandeler Grondschoul

Wou? **zu Baastenduerf am Festsall**

Wini? **den 9. Mäerz 2024**

vun 14:00 – 15:00 Auer:

De Maulef an d'Blimmchen

an / oder **vun 15:30 – 16:30 Auer:**

Minimaus

Mir verkafen och Kuch a Gedrënks Umeldung ass bis den 1. Mäerz op follgend

E-Mail Adress: apeepp.tandel@gmail.com

L'association des parents d'élèves APEEPP TANDEL vous invite à un

Après-midi de lecture

suivi de **bricolages** pour les enfants de l'école fondamentale de Tandel

Où ? **à Bastendorf à la salle des fêtes**

Quand ? **le 9 mars 2024**

de 14:00 hrs – 15:00 hrs :

De Maulef an d'Blimmchen

et/ ou **de 15:30 hrs – 16:30 hrs :**

Minimaus

Nous vendons du gâteau et des boissons Inscription jusqu'au 1er mars à l'adresse e-mail suivante : apeepp.tandel@gmail.com



HUES DE ET BAL

DJ BIG KEILER

VVK: 5€
OWESKEESS: 7€

5. ABRËLL 2024

ZU BAASTENDUERF

ORG.: LANDJUGEND FUREN A.S.B.L.

GEMENGEN-TOUR 2024

VU BUEDEM BAUZEN A BIOBAUEREN

e Film vum **Tom ALESCH**

INVITATIOUN

Projektioun vum Film
Dënschdes, **16. Abrëll**
um **19:00 Auer**
zu **Baastenduerf**
am **Festsall**

6, Haaptstrooss

L-9350 Bastendorf.

Umeldung bis Méindes,
8. Abrëll via E-Mail op:
invitations@tandel.lu

Dokumentarfilm | Längt: 88 min.
Original Versioun LU / st FR & AN

Fir weider Informatiounen, scannt dëse Qr-Code oder gitt op biobauzen.lu

VEREENEGUNG BIOLANDWIRTSCHAFT LËTZEBUERG ASBL

a Partnerschaft mam

OIKOPOLIS Groupe

OIKOPOLIS Foundation Luxembourg

Cactus

ŒUVRE Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

WINNER AGROFILM FILM FESTIVAL NITRA 2023

"SAVE THE DATE"

FC 47 BAASTENDUERF

> 20.04.2024 <

PAELLA-OWEND

ZU BAASTENDUERF AM SALL

>>WEIDER INFOS KOMMEN NO

ORG.: WW.FC47BASTENDORF.LU

**E FREIJORSBOUQUET MAT MELODIEN
OUS KLASSIK, BELCANTO, POP AN JAZZ**

**CHORALE STE CECILE BOURSCHEID
CHORALE CAECILIA WALFERDANGE
CHORALE TRINITAIRE VIANDEN
SÄNGERBOND HELVETIA TANDEL**

APRIL 21 SUNDAY

AT 5 PM

TICKETS: (+352) 83 41 08-1 / CAISSE@CASTLE-VIANDEN.LU

FREIJOERS Maart

28. Abrëll 2024
zu Furen um Parking vis-à-vis vum Centre Médical
(Kierchestrooss)

10.00 - 17.00 Auer

Org.: Damp an der Këscht asbl

Dir wëllt selwerproduzéiert Saachen oder regional produzéiert Wuere verkafen?
Da mellt lech op: maart@dampanderkescht.lu

Léif Gënner a Frënn vun der Baastenduerfer Musik.

Dir huet eise Verein an der Vergaangenheet duerch Är Presenz, ee léiwe Geste, oder och finanziell ënnerstëtzt, oder sidd gewëllt dat an Zukunft ze maachen.

Di Baastenduerfer Musik seet Iech dofir villmools Merci.

Den Ofschloss 2023 hu mer mat eisem Wanterconcert am Dezember gemaach, deen een nach ni erreechten Zoulaf hat.

Fir d'Saison 2024 anzelauden ass de

Fréijars Concert de 04. Mee

geplangt.

Wéi ëmmer maache mir ee klenge Flyer, dee mer bei all eisen Aktivitéiten wärend dem Jar verdeelen.

Dir kënnt eis dobäi ënnerstëtzen andeems Dir een Don op eise Kont maacht. (bis den 10.03.)

CCRALULL LU82 0090 0000 0877 0430

Don 20 - 49 €	*Membre Donateur*
Don ≥ 100 €	*Patronage vun engem Musikstéck*
Sponsoring ≥ 100 €	*Annonce mat Logo*

Privatpersoune kënnen den Don steierlech ofsetzen (Infoen op Ufro bei eis). Betriber kréien di néideg Dokumenter nodeems datt mer de Betrag um Kont hunn an de Firmelogo an digitaler Form (bis den 10.03.) u folgend E-Mail Adress geschéckt ginn ass: **lorpa1959@gmail.com**

Bezuelt ganz einfach iwwer Payconiq.
Scannt dofir de QR-Code hei derniewent.

Mir freeën eis iwwer Är zuelräich Presenz de 04.05:

Campus „am Brill" (Sportshal) TANDEL

D'Baastenduerfer Musik seet Iech villmools Merci.



Et ass Kiermes am Duerf

"Kiermesham um Méindig"

Baastenduerfer Musik invitéiert Iech ganz häerzlech, Kiermesméindig den 13. Mee 2024, ab 19:00 Auer an de Gemengesall, op hiert traditionellt Iessen.

Menü:

Réi a gekachten Ham mat Gromperen an Zalot.

(Végétarische Menü op Ufro)

Taart, Kaffi, Kiermesdrëpp

Preis: 22€

Umeldung: Miller Josiane
GSM: 691 835 377
e-mail: jomiller@pt.lu

Spuert och Dir Ressourcen!

Serie vum Mouvement Ecologique an dem Oekozenter Pafendall

fixit!

FLÉCKEN . LÉINEN . NOTZEN

Firwat vill Sue fir nei Miwwelen ausginn, wann ee mat Second-hand, gläichzäiteg de Portmonnie an d'Ëmwelt schoune kann? Bei Miwwele gëllt dat selwecht wéi bei villen anere Wueren: laang notzen ass nohalteg!

Elleng an Däitschland ginn ongeféier 7,1 Mio Tonne Miwwele pro Joer entsuergt. Vun deene Miwwele kéinten der vill nach weider genotzt ginn.

Gitt och Dir Miwwelen eng zweet Chance – beim Weiderginn a selwer Kafen! Um Site vun der Aktioun fannt Dir eng Lëscht mat Second-Hand-Miwwelgeschäfter an nach ganz vill aner Tipps ronderëm „Repair, ReUse, Share". **Kuckt eran!**

meco.lu/fixit & oekozenter.lu/fixit

mouvement écologique

oekozenter pafendall

Mat der Ënnerstëtzung vum:

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

Find us on

Al Bräicher an eiser Gemeng am Laf vun de Méint

Well ganz vill vun de Bräicher, déi zum Deel hir Wuerzelen an uraler Zäit hunn, ëmmer méi aus eise Gewunnechten an domat noutgedrongen och aus dem Gediechtnes verschwannen, soll dëss kleng Rubrik op déi Fester an Traditiounen agoen, déi an deene verschiddene Joreszäiten iwwert Jorhonnerten och an eiser Gemeng gefeiert goufen an zum Gléck et och haut nach ginn.

Heibäi beruffe mir eis zum Deel op d'Brochure **Apropos ... Feste und Traditionen in Luxemburg**, déi de *Georges Hausemer* am Opdrag vum *Service Informatioun* et *Presse du Gouvernement* 2019 publizéiert huet. Erwähnt sief an dësem Zesummenhank och den Lokalhistoriker *Jos Schreiner* vu Branebuerg op deem seng wäertvoll Hiweiser mir gären zréckgräifen.

JANUAR | *Haartmount*

01.01. Neijoersdag

Op dësem Dag gëtt sech Gléck, Gesondheet an och soss all Guddes fir dat Neit Joer gewënscht. D'Kanner kréien vun de Grousselteren, Dafpätter oder Giedel e sougenannt *neit Jäerchen*: meeschtens a Form vu Suen.

Och de Bréifdréier oder aner Leit, déi am Service vun der Allgemengheet stinn, kënnen an dësen Deeg op en Drénkgeld zielen.

06.01. Dräikinneksdag

De Numm *Dräikinneksdag* bezitt sech op d'Chrëschtgeschicht aus dem Matthäus-Evangelium. Geleet vum Stär vu Bethlehem hunn di dräi „Kinneken" aus dem Orient, Kaspar, Melchior a Balthasar um 13. Dag no Chrëschtdag dem Jesuskand hir Geschenker bruecht: Gold, Wäirauch a Myrrhe.

De Numm *Dräikinnekskuch*, deen op dësem Dag opgedëscht gëtt, geet op de Brauch zréck, datt den Owend virum 6. Januar an der Famill e Mann zum Kinnek an eng Fra zur Kinnigin bestëmmt goufen. Dofir goufen eng schwaarz Boun fir de Kinnek an eng wäiss fir d'Kinnigin am Kuch matgebak. De Kinnek an d'Kinnigin waren doropshin verflicht, hir Leit ze bekäschtegen. Haut ginn d'Boune gewéinlech duerch eng kleng Porzeläinsfigur ersat. Deen, deen d'Boun a sengem Stéck Kuch huet, gëtt Kinnek oder Kinnigin an däerf sech d'Kroun opsetzen. E Spaass, dee besonnesch bäi de Kanner gutt ukënnt.

FEBRUAR | *Spierkel*

02.02. Liichtmëssdag

03.02. Blieserchesdag / *St Blasius*

Op dësem Dag ginn d'Kanner mat hire Liichtebengelcher oder Lampionen vun Haus zu Haus Séissegkeeten oder Suen heeschen. Dobäi sangen si dat alt Lidd:

„Léiwer Härgottsblieschen,
Gitt ons Speck an Ierbessen,
Ee Pond, zwee Pond,
Dat anert Joer, da gi der gesond,
Da gitt der gesond.
Loosst déi jonk Leit liewen
An déi Al derniewen.
Kommt der net bal
D'Féiss ginn ons kal
Kommt der net gläich,
Da gi mer op d'Schläich.

Kommt der net geschwënn,

D'Féiss ginn ons dënn.

Kommt der net gewëss,

Da kritt der e Schouss voll Nëss.“

De Numm Härgottsblieschen bezidd sech op den hellegen Blasius, deen als een vun de véierzeng Nouthelfer, net nëmmen d'Véih, mee och d'Menschen virun Halswéih, Geschwierer a Pescht schütze soll. Him zu Eieren gëtt op sengem Namensdag an der Kierch den Hals geseent. (Blasiussegen)

08.02. Fetten Donneschdeg

Well Äschermëttwoch traditionell d'Faaschtenzäit ufänkt, gouf donneschdes virdrun eng läschte Kéier richteg dragehaen. D'Baueren hunn nach eng Kéier geschluecht a virun der Faaschtenzäit uerdentlech Fleesch giess. Oft goufen op deem Dag och di éischt fetteg Fueskichelcher gebak.

Verwurelter

Rezept vun der Madamm Leonore Ferring-Leider vun Tandel

Fuesend

- 1/4 l Milch
- 4 Eier
- 5 EL Zucker
- 100 g Margarine
- 1/2 EL Salz
- 42 g Hefe
- 500 g Mehl
  auch mehr Mehl

Vorteig

Mehl in eine große Schüssel geben, 5 EL Zucker in die Mitte geben, dann Hefe mit lauwarmer Milch auflösen. 1/2 Stunde bei 50 Grad in den Ofen schieben.

Den Rest der Milch mit 100 g Margarine lauwarm machen.

Nach einer 1/2 Stunde, Eier, 1/2 EL Salz in die Schüssel tun, sowie die Milch und Margarine und 5 Minuten mit der Hand klopfen.

Dann das nötige Mehl beifügen und ausrollen. Mit einem kleinen Glas ausstechen und 1/4 Stunde aufgehen lassen.

Ich nehme Kesi (Fett) zum backen in der Friteuse bei 190 Grad danach in Zucker wälzen.

De *fetten* Donneschdeg ass demno mam fetten Iessen ze verbannen, dat virun der Faaschtenzäit giess gouf.

Fuesboken vun Tandel

Op deem Dag sënn och a villen Dierfer d'Fuesboken ënnerwee. D'Kanner verkleede sech, zéien vun Haus zu Haus an heeschen Séisses oder Bores.

14.02. Äschermëttwoch

Äschermëttwoch, de Mëttwoch no Fuessonndeg, ass fir d'Chrëschten den Ufank vun der Faaschtenzäit, déi 40 Deeg méi spéit, op Ouschtersonndeg ophält.

Op Äschermëttwoch gëtt an der Kierch dat sougenannt Äschekräiz ausgedeelt. Dobäi gëtt de Leit mat Äschen e Kräiz op d'Stier gezeechent, fir se un hir irdesch Vergänglechkeet ze erënneren.

14.02. Vältesdag / *St Valentin*

Hl. Vältes an der Kiirch vu Laaschent

Hautdesdaags gëtt allgemeng *Vältesdag* als Dag vun de Verléiften gefeiert, op deem een senger Léifster oder sengem Léifsten rout Rousen oder soss kleng Cadeauen schenkt.

Manner bekannt dierft sënn, datt de 14. Februar nach bis an 1930-er Joer, zu Laaschent e grousse Festdag war. Vun iwwerall koumen d'Leit zum hellege Vältes gepilgert, dem 2. Patréiner vun der Laaschter Kierch. Nieft de perséinlechen Uleies sollt den Hellegen sech awer och ëm d'Wuel vun de Schwäin këmmeren. Bäi der Opferung goufen amplaz vu Suen allerlee Zorten gereeschert Fleesch, meeschtens Schwéngskënnbaken, an eng grouss Truh nieft dem Altoer geluecht. No der Mass ass dann den Inhalt versteet ginn.

18.02. Buergsonndeg

Engem uralen heednëschen Brauch no soll op dësem Dag mat engem grousse Feier symbolesch de Wanter mat senge béise Geeschter verbrannt, a gläichzäiteg d'Fréijoer begréisst ginn. Dofir gëtt op enger Kopp nieft dem Duerf d'Buerg opgeriicht, e meterhéicht hëlze Kräiz, dat mat Stréih an anerem brennbare Material ëmwéckelt an duerno an der Däischtert a Brand gestach gëtt.

Bäim Ëmzuch duerch Duerf gouf zu Furen eng Zäit dëst Lidd gesong:

„Gëtt ons déi Eeër raus

Huelt ons mat Freed an d'Haus

Macht op – macht op

Macht op – macht op

Maacht .... op!"

(Text vum fréieren Schoulmeeschter Oscar Leonardy vu Furen)

MÄERZ | *Lenzmount*

10.03. Bretzelsonndeg

Op *Bretzelsonndeg* sollen d'Männer hirer Léifster eng méiglëchst grouss Bretzel schenken. Am Géigenzuch dierfen si dann erwaarden op Ouschteren en Ouschteree iwwereecht ze kréien - et sief dann, et wier e Schaltjoer, sou wéi lo 2024. An deem Fall ginn d'Rolle getauscht. Da schenken d'Meedercher d'Bretzel an d'Jongen d'Ee.

28.03. - 30.03. Gréngen Donneschdeg - Karfreideg - Karsamsdeg

Op *Gréngen Donneschdeg* ginn d'Kanner eng éischte Kéier, mat hiren einfachen hëlzenen Museksinstrumenter duerch Duerf klibberen. Der Legend no fléien nämlech d'Kiercheklacken no der Mass vu Gréngen Donneschdeg op Roum an de Vatikan beichten. D'Klibberkanner musse lo dräimol am Dag hir Aufgab iwwerhuelen an dobäi ruffen: „D'Moiesklack laut, d'Mëttesklack laut, d'Owesklack laut". Op Ouschtersamsdeg kréien si dann als Belounung fir hiren Asaz faarweg Ouschtereeër, Séissegkeeten oder Geld. Als Merci sange si: „Dick dick daack, muer ass Ouschterdag ..."

31.03. Ouschtersonndeg

Zu Ouschteren gehéiert traditionell och d'Fierwen vun den Eeër, déi am Gaard verstoppt an duerno vun de klenge Kanner mat vill Begeeschterung gesicht ginn. Vill Spaass garantéiert och Técken vun den haartgekachten Ouschtereeër, woubäi deejéinigen gewënnt, deem säin Ee am längsten eng intakt Schuel behält.

Moie Kanner

Wann dir Loscht hutt, kënnt dir eis hei e flott Bild molen, an dëst dann an der Gemeng ofginn, oder et per Post eraschécken. D'Biller ginn dann an eiser nächster Ausgab vum Blietchen publizéiert.
Schreif däin Numm an deng Uertschaft dobäi.

Entdeck déi 10 Ënnerscheeder

PUZZLE TIME

Fann de passende Schied?



Wou sinn dem Hues seng Muerten?

Wéi gudd kenns du deng Gemeng?

Weekräizer - *Wou steet dëst Kräiz?*

Schéckt eis déi richteg Äntwerten per Post oder per Mail (info@tandel.lu) bis den 15. Abrëll ran.

Ënnert all de richtegen Äntwerten verlouse mir eng Corbeille mat regionale Produkter.



Numm: _____ Adresse: _____

Telefonsummer fir datt mir Iech kënne kontaktéieren am Fall vum Gewënn: _____

Eng „École du Goût“

Mee wat ass dat dann elo?

Mir iessen dräimol den Dag. Am léifste soll d'Iesse gesond sinn a sat maachen – an och net ze deier sinn. Mee wat heescht et iwwerhapt, gesond ze iessen? Wiele mir eis Liewensmëttel bewosst aus a genéisse mir an dësen hekteschen Zäiten iwwerhapt nach? Oder sinn et – wéi den Numm et scho seet – just nach „Mëttele fir ze liewen“?

An d'Produite solle jo och nach regional, saisonal an nohalteg sinn. Well ass dat, wat fir mech gesond ass, och gesond fir eise Planéit an eist Klima?

Bei der École du Goût beschäftege mir eis mat genee dësen Themaen a mir probéieren, Äntwerten op dës net ëmmer evident Froen ze ginn. Bei eis bleift et awer net bei der dréchener Theorie: Et ass eis Philosophie, eis Workshoppen a Formatioune mat vill Praxis um Terrain - respektiv an der Kichen - unzebidden. Bäi eis ass besonnesch, dat all eis Atelieren op de Methode vun der Education au Goût opbauen. Einfach gesot heescht dat, dat mir bäi allem wat mir ubidden, ganz spezifësch op eis 5 Sënner aginn an iwwer dës eis Themae kommunizéieren.

Also ass et eng Schoul zu Branebuerg?

D'École du Goût huet säit Mëtt 2023 hire feste Sëtz zu Branebuerg. Hei fannen sech eng pädagogesch Kichen, Réuniounssäll, e Festsall an d'Bureauen. An dësem Fréijoer gëtt och ee pädagogesche Gaart realiséiert - an dat alles beieneen op enger Plaz am traditiounsräiche Branebuerg.

D'École du Goût krut hire Numm vun der Education au Goût, déi wéi erwäänt d'Basis duerstellt. D'Zil war säit den Ufäng am Joer 2007, Kanner iwwer hier Sënner un eng gesond Ernärung erunzeféieren a sech als Iesser an Individuum besser kennenzeléieren an ze entwéckelen. Dobäi gëtt mëttlerweil och ganz vill Wäert op Nohaltegkeet, qualitativ Produiten a Lëtzebuerger (Iess) Kultur geluecht.

Mir verfollegen deemno e ganzheetlechen Usaz an halen net am klassesche Sënn an engem

Klassesall Schoul. Wann mir d'Beispill vun enger Äppeldégustatioun huelen, fënnt déi bäi eis net dobanne statt. Fir eis gëtt et keng besser Plaz wéi dës an engem Bongert vun der Schoulgemeng ofzehalen, wou een an engems de Liewensraum ënnert d'Lupp huele kann a ganz vill iwwer d'Kulturgutt, de lokale Produzent a säin eegent Ëmfeld léieren kann. Mir sinn deemno genausou vill auswäerts, wéi an eiser Kichen ënnerwee. Dës Kichen, déi säit e puer Méint elo a Betrib ass, bitt eis natierlech immens vill Méiglechkeeten, firwat mir eis dozou decidéiert hunn net nëmme fir Schoulklassen do ze sinn, mee och fir Beruffs- a Privatleit aktiv ze ginn.

Workshoppen, Formatiounen, Kichen Ass dat villäicht och fir mech?

Bäi eis an der École du Goût ass jidderee welcome a fir all Alter gëtt bäi eis am Programm eppes gebueden.

Fir Schoulklassen, Primär ewéi Secondaire, bidde mir Atelieren, Workshoppen a pädagogescht Material un. Professiounen aus der Educatioun a Liewensmëttelbranche fanne bei eis virun allem Formation continuen. Sou goufe bäi eis beispillsweis schonn Formatioune fir Käch ofgehalen oder mat Lycéesschüler u Marketingstrategien a Food-Fotografie geschafft. Déi detailléierten Offer an dëse Beräicher fënnt een op eiser Internetsäit ecoledugout.lu.

Doriwwer eraus fanne fir jiddereen deen interesséiert ass, bäi eis zu Branebuerg Kanneraktivitéiten, Degustatiounen, Kachcoursen a vill weider Eventer ronderëm de gudde Goût an déi 5 Sënner statt. Sou hu mir ee spezielle Kachcours fir Vältesdag an eng Serie u Coursë fir den Astig an d'vegetarescht Kachen. Den aktuellen Agenda mat villen aneren Aktivitéiten, fënnt sech och op eiser Internetsäit an op deene vun den dräi Naturparken erëm.

D'École du Goût ass en interdisziplinäre Projet am Beräich vun der Ernärungs- a Konsumentebildung a bitt Persounen an all Alter en Zougang zu enger gesonder a nohalteger Iesskultur. 2007 vum Naturpark Our an der Gemeng Tandel an d'Liewe geruff, gouf d'Initiativ zanter 2018 och vun de Gemenge vum Naturpark Öewersauer a vum Natur- a Geopark Mëllerdall iwwerholl. D'École du Goût ass elo e gemeinsame Projet vun den dräi Lëtzebuerger Naturparken.

Presentatioun Centre Movida

Im Frühjahr 2022 nahm ein multidisziplinär aufgestelltes Team unter der Leitung von Claude Kohll und Martina Mick in der vom Träger arcus a.s.b.l. betriebenen Einrichtung seine Arbeit auf.

Das Centre Movida vereint zwei unterschiedliche Angebotsstrukturen unter einem Dach:

Im ersten Stock bietet eine intensivpädagogische Wohnstruktur mit zwei Wohngruppen Unterkunft und pädagogische Betreuung für Jugendliche, die aus verschiedensten Gründen vorübergehend oder auch längerfristig nicht in ihrer Ursprungsfamilie leben können. Für eine gewisse Zeit wird das Centre Movida für sie zu einem zentralen Aufenthalts- und Rückzugsort, an dem lebenswichtige Bedürfnisse nach Sicherheit, sozialer Bindung, Versorgung, Anerkennung und sinnstiftender Orientierung im Fokus stehen. Engagierte Mitarbeiterinnen und Mitarbeiter mit pädagogischer Ausbildung und verschiedensten Zusatzqualifikationen sind rund um die Uhr präsent und haben stets ein offenes Ohr für die jugendlichen Bewohnerinnen und Bewohner.

Aufmerksamkeit, Fürsorge und Unterstützung bei der Bewältigung des Alltages gehören ebenso zum Programm wie die gemeinsame Freizeitgestaltung, das Erleben von Zusammengehörigkeit und Konfliktaustragung. Dabei legen wir viel Wert auf eine möglichst rege Beteiligung der Jugendlichen an allen sie betreffenden Fragen und Transparenz im Zusammenhang mit Entscheidungen, die Erwachsene für sie treffen. Mit alterstypischen Entwicklungsaufgaben und individuellen Belastungen wird niemand alleine

gelassen. Jeder Jugendliche hat einen festen Ansprechpartner, Zeiten für Aktivitäten im 1:1-Kontakt, Rückzugsmöglichkeiten im Einzelzimmer, Zugang zu gemeinschaftlicher Freizeitgestaltung und zu non-formalen Bildungsangeboten in den Räumlichkeiten und Werkstätten der Tagesstruktur. Auch im Wohnbereich erfolgt eine enge Zusammenarbeit mit den zuständigen Behörden, mit Eltern, Schulen, dem Gesundheitssystem und weiteren relevanten Unterstützern.

Die Aktivitäten des Centre d'insertion socio-professionel (CISP) im Erdgeschoss richten sich an Jugendliche, die aus ganz unterschiedlichen Gründen im regulären Schulsystem vorübergehend nicht zurechtkommen und bei der Erfüllung ihrer Schulpflicht auf intensive sozialpädagogische Unterstützung angewiesen sind. Derzeit erfolgt die Zusammenarbeit mit dem Nordstad Lycée in Diekirch, dem Lycée Technique d'Ettelbruck sowie dem Lycée du Nord Wiltz.

Methodisch orientiert sich das pädagogische Angebot überwiegend am Modell der handlungsorientierten Projektarbeit, knüpft an die Lebenswelt der Schülerinnen und Schüler an und analysiert die jeweils individuellen Voraussetzungen für Lernprozesse. Diese Arbeitsweise lebt vom kreativen Zusammenwirken unterschiedlicher Berufsgruppen aus Schule, Handwerk, Landwirtschaft, Sport, Kunst und Medien.

Erlebnis- und naturpädagogisch ausgerichtete Bildungsangebote finden ebenso regen Anklang wie tiergestützte Aktivitäten, die in Kooperation mit interessierten Betrieben erfolgen. Während einer Beschulung durch Lehrkräfte aus den Partnerschulen wird das meist komplexe Ursachengefüge von Schulschwierigkeiten genauer unter die Lupe genommen. So können festgefahrene Verhaltensmuster modifiziert und Wege der Reintegration aufgezeigt werden.

Die Mitarbeiterinnen und Mitarbeiter des Centre Movida vereint eine traumapädagogisch orientierte Haltung, ein systemisch geprägtes Fallverständnis einschließlich hoher Bereitschaft zu Fortbildung und selbstkritischer Supervision und die wachsame Reflexion des unvermeidbaren Machtgefälles zwischen Erwachsenen und Adressaten. Zu guter Letzt kennzeichnet uns das stets präsente Bemühen, die uns umgebende Umwelt und Natur zu würdigen, zu schützen und unsere Ressourcen nicht als selbstverständlich anzusehen.

Einblicke in die Projekte verschiedener Ateliers

CAMPING BLEESBRUCK RESTAURANT „BEI DER BLEES“

An der Grenze zwischen Gutland und Ösling, im Naturpark Our liegt der Camping Bleesbruck

Bereits in der 3ten Generation wird dieser von der Familie Hamen geführt. Seit 1965, stecken wir viel Arbeit und Herzblut in die tägliche Arbeit mit den Gästen und den Unterhalt der Anlage.

Viel Grün, schattige Bäume und farbenfrohe Blumen laden zum verweilen ein. Unser Angebot umfasst touristische Plätze, sowie Mietobjekte und eine Ferienwohnung. Ein Hingucker sind unsere Schlaffässer, sie besitzen Stapelbetten oder 1 Doppelbett, und eine kleine Sitzecke mit Kühlschrank, ideal für Wanderer. Wer es etwas komfortabler wünscht kann in einem Mobilheim übernachten, da hat man ein bis zwei Schlafzimmer, voll ausgestattete Küche und Badezimmer.

Desweiteren bietet unser Restaurant unseren Gästen die Möglichkeit im Sommer auf der Terrasse etwas zu trinken, zu Abend essen oder sich mit einem Frühstück für den Tag zu stärken.

Wir sind nicht nur für unsere Campinggäste da, jeder ist willkommen bei uns.

Der Campingplatz sowie das Restaurant sind nur saisonal geöffnet, immer vom 01.04 - 31.10.

Le camping Bleesbruck fondé en 1965, se trouve à la frontière entre le Gutland et l'Oesling, dans le parc naturel de l'Our.

La famille Hamen le gère depuis trois générations déjà. Nous mettons beaucoup de travail et de passion dans le travail quotidien avec les clients et dans l'entretien du camping. Beaucoup de verdure, d'arbres ombreux et de fleurs riches en couleurs invitent à la détente.

Notre offre comprend des emplacements touristiques, ainsi que des objets à louer et un appartement de vacances. Les tonneaux attirent l'attention, ils possèdent des lits superposés ou un lit double, ainsi qu'un petit coin salon avec réfrigérateur, idéal pour les randonneurs. Ceux qui souhaitent un peu plus de confort peuvent passer la nuit dans un mobil-home, qui comprend une ou deux chambres, une cuisine entièrement équipée et une salle de bain.

En plus de cela, notre restaurant offre à nos clients la possibilité de prendre un verre sur notre terrasse, de dîner ou de prendre un petit déjeuner avant la journée.

Non seulement nous sommes là pour nos campeurs, mais tout le monde est le bienvenu chez nous.

Le camping et le restaurant sont ouverts uniquement en saison, toujours du 01.04 au 31.10.

CAFÉ A SCHWEITZISCH

De Café „A Schweitzisch beim Yvette“ ass een gemittlechen Duerf Café am Härz vun Bastenduerf, gefouert vum Yvette säit 2020.

Bei mir kritt een niewt selwer gemeeten Sangria an Cocktailer och Snacken wéi z.Bspill selwer gemeeten Croque-Monsieur mat Berdorfer „Rouden Bouf“ Keis vun der klenger Kaart, während dem Wanter selwer agemeeten Hierken.

Ob Reservatioun ab 6 Leit kachen mir och een Menü fir Sonndes oder elo nei, ob ausgewisenen Datummer bidden mir iech den Sonndesmëttesdësch unn, wou der iech kënnt ummellen.

An der Kichen ginn regional Produiën verschafft an frësch zoubereet.

Donieft bidden ech iech och Life-Musik an DJ Owenter am Café, an och Manifestatiounen am Sall wéi Thé- Dansant matt Orchester an d’Fierkel um Spieß, an villes méi.

Am Summer kënnt dir Ären Patt oder Maufel ob menger schéiner Terrasse hannert dem Café genéissen, woubäi d’Kanner sech ob der Spillplaatz vun der Gemeng austoben kënnen.

Informatiounen iwwert eis Manifestatiounen wärend dem Joër fannt dir bei eis um Facebook Facebook „Café A Schweitzisch beim Yvette“ oder awer och am Café. Ech freeën mech op ären Besuch.



Le Café « A Schweitzisch beim Yvette » se trouve au cœur de Bastendorf géré par Yvette depuis 2020. Chez moi, vous trouvez la Sangria fait maison comme une carte de Cocktails. Pour la petite faim je vous propose un snack comme p.ex, le Croque-Monsieur préparé au fromage de Berdorf « Roude Bouf ». Notre carte de restauration connaît en hiver les filets de Harengs marinées faits maison. Vous pouvez aussi réserver votre table de midi pour les dimanches à partir de 6 personnes ou réserver votre table les dimanches proposé. Mes plats sont préparés avec des produits frais de la région.

Durant les mois d'été et de beau temps, ma terrasse derrière le Café vous invite à déguster votre repas ou verre quand vos enfants peuvent profiter de l'air de jeux mis à disposition par la commune.

A ceci s'ajoute que j'organise des diverses manifestations musicales avec des acteurs, DJ, et orchestres durant l'année comme par exemple le « Thé Dansant » avec Orchestre dans la salle de fête communale. Restez informé en vous connectant sur ma page Facebook « Café A Schweitzisch beim Yvette » ou sur des flyers disponibles au Café.

Das Café „Café A Schweitzisch beim Yvette" befindet sich im Herzen von Bastendorf und wird seit 2020 von Yvette geführt. Nebst hausgemachte Sangria und einer ausgewählten Cocktailkarte, biete ich Ihnen für den kleine Hungen, Snacks an, wie zum Beispiel den hausmacher „Croque-Monsieur" mit Käse aus Berdorf „Roude Bouf" an. In der Winterzeit stehen auf unserer Speisekarte eingelegte Heringfilets. Sie können auch Ihren „Mittags Tisch" Sonntags ab 6 Personen reservieren, oder Ihren Tisch an den angebotenen Sonntags „Mittags Tische" reservieren. Meine Gerichte werden mit regionalen Produkten frisch zubereitet.

Während den Sommermontaten können Sie Ihren Snack oder Getränk auf meiner schönen Terrasse hinter dem Café geniessen während die Kinder sich auf dem Spielplatz der Gemeinde austoben können.

Zusätzlich organisiere ich im Laufe des Jahres verschiedene musikalische Veranstaltungen mit DJs und Orchestern, wie zum Beispiel den „Thé Dansant" mit Orchester im Gemeindefestsaal. Informatonen zu den Veranstaltungen finden Sie auf meiner Facebook-Seite „Café A Schweitzisch beim Yvette" oder über unsere Flyer welche Sie im Café erhalten.

EXQUISITE WELLNESS-OASE IM OURTAL

In Bettel hat die Familie Petry auf einem zwei Hektar großen Grundstück eine Wohlfühloase eingerichtet.

Die schmucke Anlage mit Teich und Wasserlauf besteht im Kern aus sechs modernen, komplett ausgestatteten Chalets.

Mit Platz bis zu 8 Personen sind alle nach Flüssen in Luxemburg benannt:

Chalet Our, Chalet Sauer, Chalet Musel, Chalet Iernz, Chalet Uelzecht und Chalet Péitrusse.

Somit laden sie ein, unterschiedliche Regionen Luxemburgs zu entdecken.

Die Chalets kombinieren moderne Technik mit einer hochwertigen komfortablen Ausstattung und einer stivollen Inneneinrichtung aus ausgesuchten Hölzern, die für eine behagliche Atmosphäre sorgt.

Alle sechs Chalets sind mit fünf Schlafzimmern und 3 Badezimmern ausgestattet.

Das gesamte Untergeschoss entpuppt sich als Wellness-Oase. Es gibt eine Sauna und eine Infrarot-Doppelkabine, ein individuell einstellbares Soundsystem, eine Dusche und ein Panoramafenster mit Blick auf die Natur. Der beheizte Whirlpool auf der Terrasse gilt als zusätzliches Extra.

Ein absolutes Highlight bilden die neuen privaten beheizten Aussenschwimmingpools bei Chalet Our, Chalet Sauer und Chalet Musel.

Die ganzjährlich geheizten Pools bieten privates Schwimmvergnügen auf 8 mal 4 Meter.

Das ist Luxus, den man nicht teilen muss.

Zu den sechs Chalets gesellen sich ein kleines Massage-Chalet mitten in der Anlage, das den Mietern und externen Kunden zur Verfügung steht. Dort werden von geschulten Händen zahlreiche Massagen angeboten.

Im Hauptgebäude der Anlage befindet sich die Rezeption und der Frühstücksraum, sowie ein im Untergeschoss eingerichteter Weinkeller, welcher für Weinproben und andere Ereignisse genutzt wird.

Vor kurzem besuchte auch Tourismusminister Lex Delles im Beisein der Verantwortlichen der Gemeinde Tandel diese touristische Perle im Naturpark Our.

Sollten Sie also das Bedürfnis nach Erholung mit Verwöhnaroma in nächster Nähe verspüren, sind Sie hier absolut richtig!

Chalets Petry Spa & Relax

9, an der Gaessel - L-9452 Bettel

+352 28 11 74-1

www.info@chaletspetryspa.lu
www.chaletspetryspa.lu

Avec le soutien financier du
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

NaturparkOUR

“Méi net am Mee” am Naturpark Our

De “Méi net am Mee” ass eng Initiativ, bei der dozou opgeruff gëtt, Gréngflächen am Siidlungsraum am Mount Mee net ze méien. Dëst Joer huet sech och d’Gemeng Tandel dofir entscheet, aktiv dorun deelzehuelen a e puer Wisen am Mee net ze méien. D’Ziler vum “Méi net am Mee” sinn op eng méi naturschounend Fleeg vu Wisen ze sensibiliséieren an duerch d’Upassung vun de Méipraktike wichteg Liewensraim a Narungsquelle fir heemesch Déierenaarten ze schafen.

Foto: Liz Hacken

D’Ëmstellung vun de Méipraktiken dréit dozou bäi, dass méi eenheemesch Wëllblummen a -planzen op de Flächen opkommen a bléie kënnen. Wärend déi meescht Wëllbeien zum Beispill op eenheemesch Wëllblummen als Narungsquell ugewise sinn, well se den Nektar a Pollen aus gebittsfrieme Blummen net verwäerte kënnen, fillt sech den Igel op méi naturschounend gefleegte Wisen och besonnesch wuel.

De “Méi net am Mee” ass oppe fir jiddereen. Esou kënnen och Privatleit oder aner Organisatiounen dorun deelhuelen. E Sticker op der Bréifboîte, deen een op der Gemeng kritt, erlaabt et Deelhuelende sech z’identifizéieren an hir Ënnerstëtzung fir d’Thematik auszedrécken. Den Naturpark Our rifft och dozou op, Fotoe vun de net-geméinte Wise mam Betreff “Méi net am Mee” un *insekten@naturpark-our.lu* ze schécken.

Avec le soutien financier du
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

NaturparkOUR

D'Initiativ ass an England ënnert dem Numm "No Mow May" entstanen an erfreet sech weltwäit u villen Deelhuelenden. Zu Lëtzebuerg gouf e vum Naturschutzsyndikat "SIAS" (Syndicat intercommunal à vocation multiple), deen am Süd-Oste vum Land aktiv ass, opgegraff an den Naturpark Our ass säit 2023 Partner.

Wichteg ze betounen ass, dass e méifräie Mee e gudden éischte Schrëtt a Richtung naturschounend Wisefleeg ass, et awer nach wichteg aner Krittäre ginn. Sou ass et zum Beispill wichteg,

- dass de Gréngschnëtt net op der Wiss leie bleift, fir den domat zesummenhängenden Närstoffeintrag ze verhënneren (Wëllblumme wuesse besser op éischter more Biedem) an ze vermeiden, dass sech eng Filzschicht iwwert dem Buedem bilt, wouduerch Schied entsteet an duerch déi zwee-keimbliedereg Planzen (d.h. Wëllblummen; am Verglach zu den ee-keimbliederege Planzen, wéi Grieser) schlecht bis guer net duerchwuesse kënnen,
- dass fir d'éischte Kéier am Joer prinzipiell eréischt nom 15. Juni geméit gëtt, fir dass d'Wëllblumme bléien an aussomen an dass déi meescht Insektelarve sech fäerdeg entwéckele kënnen, an
- dass eng Wiss net op eng Kéier am Ganze geméit gëtt (méiglech Zäitpunkte sinn: fir d'éischte Kéier an der zweeter Hallschent (1) vum Juni oder (2) vum September, (3) an der zweeter Hallschent vum Juni a vum September a (4) guer net an engem Joer mat engem Schnatt am Juni vum doropfollgendem Joer).

Weider Informatioune fannt Dir um insekten.lu. Fir eng Berodung kënnt Dir och den Naturpark Our uruffen (+352 90 81 88 – 1).

D'Naturparken zu Lëtzebuerg
... een Insekteräich

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech

GUICHET UNIQUE **PME**

Vous avez toujours rêvé de monter votre propre activité, voire de faire de votre passion un métier ? Ou peut-être êtes-vous déjà indépendant(e) depuis un certain temps et avez besoin de conseils pour vos projets ?

Nous proposons aux petites et moyennes entreprises du nord du Luxembourg des conseils gratuits, et **votre commune peut vous faire bénéficier de nos services**.

NOS SERVICES

- Activité indépendante, création d'entreprise, transmission d'entreprise…
- Aides d'État, droit commercial…
- Aide pour le dépôt des demandes, contrôle général des autorisations…
- Mise en relation avec des interlocuteurs
- Événements, formations et réseautage dans le nord du Luxembourg*

(*) Tous les services s'adressent aux entreprises rattachées à la Chambre de Commerce ou la Chambre des Métiers. En particulier, ils ne s'adressent pas aux professions de la santé reconnues et aux exploitations agricoles.

POUR QUI?

- Pour les entreprises employant moins de 250 personnes
- Pour tous ceux qui envisagent de créer leur activité

En tant que conseiller externe, nous sommes entièrement indépendants. Nous travaillons de manière strictement confidentielle et nous tenons au service des entreprises.

CHAMBER OF COMMERCE LUXEMBOURG
POWERING BUSINESS

HOUSE OF ENTREPRENEURSHIP

CHAMBRE DES MÉTIERS LUXEMBOURG

Prenez **RENDEZ-VOUS GRATUITEMENT**

WEIDER INFORMATIOUNEN

Kerzen-Recycling

in Zusammenarbeit mit der „Käerzefabrik Peters“

Kerzen sind nicht nur schön, ihr Wachs ist auch ein hochwertiger Rohstoff. Handelsübliche Anzünder enthalten oft Stoffe, die gesundheits- und umweltschädlich sein können. Anzünder aus Wachsresten mit Eierkartons, Sägespänen oder z.B. Nadelbaumzapfen stellen eine umweltfreundliche Alternative dar. Aber was geschieht mit ihnen, wenn sie einmal abgebrannt sind?

Vermeidung

→ Eine Kerze ist ein offenes Feuer, die Flamme kann bis zu 1400 Grad heiss werden. Kerzen daher immer auf einen festen, hitzebeständigen Untersetzer stellen.
→ Dicke Kerzen sollten jedes Mal wenigstens so lange brennen, bis der ganze Brennteller flüssig geworden ist. Sonst brennen sie hohl ab und die Flamme kann verkümmern.

Recyclage des bougies

en collaboration avec la « Käerzefabrik Peters »

Les bougies ne sont pas seulement belles, leur cire est aussi une matière première de qualité. Les allumeurs du commerce contiennent souvent des substances qui peuvent être nocives pour la santé et l’environnement. Les allumeurs faits de restes de cire avec des cartons d’œufs, de la sciure ou, par exemple, des pommes de pin constituent une alternative écologique. Mais que deviennent-ils une fois qu’ils ont brûlé ?

Prévention

→ *Une bougie est un feu ouvert et la flamme peut monter jusqu’à 1400 degrés, alors placez toujours les bougies sur un dessous de verre ferme et résistant à la chaleur.*
→ *Les bougies épaisses doivent brûler au moins jusqu’à ce que toute la plaque de brûleur soit devenue liquide. Sinon, ils brûlent en creux et la flamme peut se faner.*

Information
Informations

Ressourcenpotential
Potentiel de ressources

Circa 96%

Die eingesammelten Rohstoffe können somit in den Kreislauf zurück geführt werden und für die Wiederverwendung benutz werden.

Die Kerzenreste werden zunächst im SDK-Center in Colmar-Berg geprüft, ob sie den Vorgaben entsprechen. In der ‚Käerzefabrik Peters’ werden die Kerzenreste dann bei der Produktion neuer Kerzen, Fackeln und Brennschalen eingesetzt.

Korrekt entsorgen
Mobile Sammlung der SuperDrecksKëscht®
Ressourcencenter

Environ 96%

Les matières premières collectées peuvent ainsi être réintroduites dans le circuit et utilisées pour la réutilisation.

Les restes de bougies sont d’abord contrôlés dans le center SDK à Colmar-Berg pour voir s’ils répondent aux exigences. Dans la ‚Käerzefabrik Peters’, ils sont ensuite utilisés dans la production de nouvelles bougies, torches et photophores.

Elimination correcte
Collecte mobile de la SuperDrecksKëscht®
Centre de ressources



95,93%
Zurückgewinnung von Rohstoffen
Récupération de matières premières

1,99%
Herstellung eines Ersatzbrennstoffes
Production d’un combustible de substitution

2,08%
Verunreinigungen werden beseitigt
Les impuretés sont éliminées

OFFALLKALENNER



MARS		
1	V	
2	S	Déchets verts
3	D	
4	L	Biodéchets
5	M	
6	M	
7	J	
8	V	
9	S	Déchets verts
10	D	
11	L	
12	M	Déchets ménagers / Valorlux
13	M	
14	J	
15	V	
16	S	Déchets verts
17	D	
18	L	Biodéchets
19	M	
20	M	
21	J	
22	V	
23	S	Déchets verts
24	D	
25	L	Verre creux
26	M	Déchets ménagers / Valorlux
27	M	
28	J	Vieux papier
29	V	
30	S	Déchets verts / Biodéchets
31	D	

AVRIL		
1	L	
2	M	
3	M	
4	J	
5	V	
6	S	Déchets verts
7	D	
8	L	
9	M	Déchets ménagers / Valorlux
10	M	
11	J	
12	V	
13	S	Déchets verts
14	D	
15	L	Biodéchets
16	M	
17	M	Déchets encombrants
18	J	
19	V	
20	S	Déchets verts
21	D	
22	L	
23	M	Déchets ménagers / Valorlux
24	M	
25	J	Vieux papier
26	V	
27	S	Déchets verts
28	D	
29	L	Biodéchets
30	M	

MAI		
1	M	
2	J	
3	V	
4	S	Déchets verts
5	D	
6	L	Verre creux / Biodéchets
7	M	Déchets ménagers / Valorlux
8	M	Vieux vêtements
9	J	
10	V	
11	S	Déchets verts
12	D	
13	L	Biodéchets
14	M	
15	M	
16	J	
17	V	
18	S	Déchets verts / Biodéchets
19	D	
20	L	
21	M	Déchets ménagers / Valorlux
22	M	SuperDrecksKëscht
23	J	Vieux papier
24	V	
25	S	Déchets verts
26	D	
27	L	Biodéchets
28	M	
29	M	
30	J	
31	V	

Déchets encombrants, seulement sur demande et ceci au moins 3 jours ouvrables avant la collecte / ***Sperrmüll,*** *nur nach Anmeldung und zwar mindestens 3 Tage vor der Einsammlung*
Administration communale, tél. : 803 803 - 230

Déchets verts / *Grünschnitt*
Lieu de collecte / *Sammelstelle:* Claude Ferring à Tandel, *Am Dall,*
Tous les Samedis / *Samstags:* 14h00-17h00, 2.3.2024 - 30.11.2024

Vieux vêtements, souliers - Porte à porte à partir de 8h30
Alte Kleider und Schuhe - Haus zu Haus nach 8.30 Uhr
8.5.2024 (Enfants Handicapés)

SuperDrecksKëscht fir Biirger
Collecte porte à porte à partir de 7h00 / *Haus zu Haus Sammlung ab 7.00 Uhr*

Vacances Scolaires / *Schulferien*

Jours fériés / *Feiertage*

Aktivitéits - a Festkalenner

Déi aktuell Versioun vum Kalenner fannt Dir emmer op eisem Site: www.tandel.lu an am Infosblat.

08.03	FR	Theaterowend zu Branebuerg	Bleesdaller Dunnekëscht
09.03	SA	Theaterowend zu Branebuerg	Bleesdaller Dunnekëscht
14.03	DO	Generalversammlung	Syndicat d'Initiative Bastendorf
16.03	SA	Theaterowend zu Branebuerg	Bleesdaller Dunnekëscht
17.03	SO	Theaternomëtteg zu Branebuerg	Bleesdaller Dunnekëscht
22.03	FR	Krimidinner zu Veianen	Damp an der Këscht
23.03	SA	Krimidinner zu Veianen	Damp an der Këscht
24.03	SO	Krimidinner zu Veianen	Damp an der Këscht

01.04	MÉ	Ufank op-an zoumaache vun der Buerg	*Syndicat d'Initiative Bastendorf*
05.04	FR	Hues de et Bal	*Landjugend Furen*
18.04	DO	Generalversammlung	*E.S.I.M.S.O.*
20.04	SA	Paëllaowend zu Baastenduerf	*FC47 Baastenduerf*
28.04	SO	Hämmelsmarsch zu Longsduerf	*Baastenduerfer Musik*
28.04	SO	Fréijoersmaart zu Furen	*Damp an der Këscht*

04.05	SA	Galaconcert zu Tandel	*Baastenduerfer Musik*
05.05	SO	Entdeckung Naturléierpad zu Branebuerg	*Syndicat d'Initiative Bastendorf*
11.05	SA	Hämmelsmarsch zu Baastenduerf	*Baastenduerfer Musik*
12.05	SO	Kiirmes Thé Dansant zu Baastenduerf	*Café A Schweitzisch*
13.05	MÉ	Kiirmesham zu Baastenduerf	*Baastenduerfer Musik*
25.05	SA	Marche internationale de Diekirch	*Syndicat d'Initiative Bastendorf*
26.05	SO	Hämmelsmarsch zu Walsduerf	*Baastenduerfer Musik*

07.06	FR	Generalversammlung	*Bleesdaller Dunnekëscht*
16.06	SO	Ausfluch fir d'Gemeng	*Syndicat d'Initiative Bastendorf*
21.06	FR	Nationalfeierdag zu Tandel	*Gemeng an d'Veräiner*
23.06	SO	Stroossefest op der Bëttler Gare	*Syndicat d'Initiative Furen*
28.06	FR	Schoulfest	*APEEPP-Eltereverenigung*
29.06	SA	Wäifest zu Baastenduerf	*FC47 Baastenduerf*
30.06	SO	Hämmelsmarsch zu Branbuerg	*Baastenduerfer Musik*



Deng Foto als Titelsäit oder als Récksäit vun „Eisem Blietchen“?

Du méchs an denger Fräizäit gär Fotoen? Dann hu mir genee dat richtegt fir dech: Mir siche fir all Editioun vum Blietchen flott Fotoen aus der Gemeng Tandel fir eis Titelsäit resp. Récksäit ze verschéineren.

Schéck eis deng Schnappschëss per mail:

info@tandel.lu virum Redaktiounschluss ran a mat e bësse Chance fënns du deng Foto, déi nächste Kéier um Blietchen rëm. Dës Aktioun soll iwwert en onbestëmmten Zäitraum lafen. Den Numm vum Fotograf gëtt och bei der Foto ernimmt.

Mir bieden Eech just drop opzepassen, datt keng Leit op de Fotoe sinn.

Mir freeën eis op déi flottste Fotoen aus eiser schéiner Gemeng.

Ta photo sur la prochaine couverture du « Eist Blietchen » ?

Tu aimes prendre des photos lors de tes loisirs ? Alors nous t’offrons une opportunité intéressante : pour chaque édition du Blietchen, nous sommes à la recherche, de jolis clichés de la commune de Tandel pour la couverture.

Envoi-nous tes plus belles photos par mail :

info@tandel.lu avant la date limite pour la prochaine édition et avec un peu de chance, tu vas retrouver ta photo. Cette action est valable à durée indéterminée. Le nom du photographe sera bien évidemment cité.

Nous vous prions de nous envoyer que des photos sans personnes reconnaissables.

Nous nous réjouissons déjà de découvrir tes plus beaux clichés de notre belle commune.



www.tandel.lu